



den internationale Regelen. Den drëtte Punkt: Mir mussen eis bewusst sinn, dass et eng Compétition fiscale an der Welt gëtt. Mir kënnen net d'Aen zoumaachen, Scheiklappen undoen an eleng rasonéieren. A véiertens mussen mer de Courage politique hunn, fir verschidde Saachen a Fro ze stellen, déi mer bis elo ëmmer haten, an déi Reform zesummen och mat lech hei an der Chamber maachen.

Mäi véierten a leschte Punkt ass iwwert d'Image vun eisem Land. Doriwwer hunn den Här Mosar, de Félix Eischen, d'Madame Elvinger geschwat an e puer anerer och. Ech wëll mech do kuerzfaassen.

D'Image vun eisem Land mussen mer versichen esou breet wéi méiglech ze maachen. Well mer kleng sinn a relativ schlecht am Ausland bekannt sinn, hu mer dee Risque, dass mer nëmme percevéiert gi wéinst engem, zwee Elementer. A mir schaffen an der Regierung do drunner mat verschiddene Ministère. Déi Aarbechte gi gutt weider.

De Risque de réputation - et kéint ee bal soen, de Reputatiounsschued -, dee mer elo mat LuxLeaks hunn, solle mer awer och geloossen analyséieren an och do net mat enger Panikreaktioun schaffen. Mä hei si mer am Court terme, an, wéi gesot, do mussen mer eis och vun enger spezialiséierter Agence hëllef loosse, mä och all déi gutt Iddien, déi hei ronderëm den Dësch sinn, mat u Bord huelen.

Ech wëll ënnersträichen, dass mer en fait zwou Saachen hunn, déi eis an där schlëmmer LuxLeaks-Affär awer gehollef hunn.

Dat Éischt ass, dass mer en fait virun där Medienattack do de Secret bancaire ofgeschaf haten, dass mer eis konform gemaach hu mam Global Forum - quitte dass dat nach net enregistréiert ass vum Global Forum, mä mir hunn d'Reformen all gemaach. Ech kann lech soen, dass dat eis an der Défense, déi mer elo hu misse maachen an de leschte Wochen, immens gehollef huet an dass och vill Leit, déi Lëtzebuerg nëmme vu Wäitem suivéieren, wéi se dat héieren hunn, am Fong geholl iwwerrascht waren, dass mer esou attackéiert gi sinn, well mer jo bougéieren.

Dat anert, wat och ganz kloer ass, dat ass, dass en fait, wann Der gutt kuckt, d'Attacke sech wierklech op d'Medie beschränkt hunn. Mir si ganz wéineg vun anere Regierungen ugegraff ginn, wéi een dat hätt kënnen fäerten. Also ech wëll net soen, dass guer näischt geschitt ass, et sinn e puer Ministere gewiescht, déi emol déi eng oder déi aner Remarque gemaach hunn.

Ech fannen, dat ass och encourageant, dat ass jo justement, well mer bougéiert hunn, dat ass awer och, well mer annoncéiert hunn, dass mer den Échange automatique vu Rulinge wëllen an Zukunft maachen. Dat heescht, eis Partner gesinn an, dass Lëtzebuerg bereet ass, ze bougéieren.

Dat alles huet eis awer, wéi gesot, an esou enger schwieriger Situatioun e wéineg weidergehollef. Dat Ganzt ënnerschätze mer natierlech guer net. Mir wëssen, dass dat nach eng Zäitche wäert weidergoen. Wéi laang, wësse mer net genau. Wann awer europäesch Initiativen, ob dat elo an de Rulingen ass oder an aneren Domänen, relativ séier weiderginn, ech mengen, dann entschäerft sech awer déi ganz Debatt.

An dann, wéi gesot, den „image building“ ass eng Affär och vu moyen a long terme, wou mer eis müssen esou breet wéi méiglech opstellen, wéi gesot, alleguerten eis Stärkten op den Dësch leeën.

An ech mengen, dat, wat eis wierklech charakteriséiert als Image: Ech kenne kee Land, wat esou op ass wéi Lëtzebuerg! Op ass fir de Commerce vu Gidder oder vu Services, op ass, fir Leit hei ze empfänken, ob se hei schaffen oder ob se sech hei installéieren, op ass fir Entreprises. An déi Offenheet, déi mir hunn, an déi Qualité de vie, déi mir hei hunn, déi dann och mat sech bréngt, dass mer ganz cosmopolite a multilingue sinn, dat mussen mer kënnen besser no bausse véhiculéieren. An ech mengen, dat wäert eis och geléngen.

Zum Ofschloss géif ech soen, dass gesond Finanzen an eng gutt Kompetitivitéit vu Lëtze-

buerg et fäerdeg wäerte bréngen, dass mer den Triple-A kënnen behalen. An den Triple-A ass fir mech d'Garantie vun de sozialen Errungenschaften a vum soziale Fridden op där enger Säit, an et ass eis Visittekarte vun der Kreditivitéit vun eise Finanzen a vun eisem Land no bausse!

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Gramegna.

(*Interruption par M. Mosar*)

Jo, firwat wär et wann ech gelift?

(*Hilarité*)

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Här President, den Här Finanzminister huet...

(*Interruptions et hilarité*)

...op eng zimlech komplett Aart a Weis op eis Froe geäntwert. Et waren der awer zwou, wou en net ganz genau drop geäntwert hat, an dofir wollt ech mer nach eng Kéier erlaben, déi ze stellen.

Fir d'Alleréischts Merci, Här Finanzminister, fir déi Aart a Weis, wéi Der op all eis Propositione geäntwert hutt. Ech hunn och mat grousser Satisfaktioun festgestallt, datt Der am Prinzip och d'accord sidd, op dee Wee ze goen, dee mir proposéiert hunn, nämlech dee vun där Taxe d'affichage oder dem Taux d'affichage, dee géif erofgesat gi mat gläichzäiteg enger Verbreedung vun der Base.

Ech hat allerdéngs do och gefrot - an ech hat och mat Satisfaktioun nogelauschert dat, wat den Här Haagen gesot huet -, wat eventuell d'Virzéie vun esou enger Mesure géif ugoen, notamment well et um europäeschen Niveau schéngt an déi dote Richtung ze goen. An do wär ech awer frou, wann Der eis nach eng Kéier kéint och dorobber eng Äntwert ginn.

An dann eng zweet Fro, op déi Der mer och keng Äntwert ginn hutt, déi awer ganz wichteg ass, dat ass déi vun där sougenannter „groupe de TVA“, „die Organschaft“ op Däitsch. An ech wëll wierklech nach eng Kéier dorobber insistéieren, well mer nämlech e Problem hunn um Niveau vum Groupement de personnes - dat ass alles relativ komplizéiert -, wou e Recours géint Lëtzebuerg bei der Cour de justice leeft, an do géif eis justement déi Groupe de TVA entgéintkommen, well déi honnertprozenteg konform ass mat der communautairer Legislation.

Dofir wär ech frou, wann Der mer awer nach eng Kéier kéint op déi doten zwou Froen äntweren.

Merci.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Wann Der näischt dergéint hutt, maachen ech dat vun hei. Ass dat fir de President an der Rei?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech mengen, den Här Eischen hat och nach eng Fro un lech ze stellen.

► **M. Félix Eischen (CSV).**- Jo, ganz kuerz.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo.

► **M. Félix Eischen (CSV).**- Merci. Ech wollt just nach eng Kéier zréckkommen op d'Besteierung vun de Plus-valuë bei der Successioun vun den Entreprises, déi jo awer héich ass an déi dacks eng Successioun schwéier mécht, voire mat Momenter onméiglech. Ech wollt froen, ob et méiglech ass, dat vläicht eng Kéier ze diskutéiere respektiv nach eng Kéier frësch op de Leescht ze huelen.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, also, Här Eischen, op Är Fro hi sinn ech gär bereet, dass mer doriwwer solle schwätzen. A wa mer schonn iwwer eng Réforme fiscale schwätzen, da passt dat dote ganz bestëmmt och dran.

Zu deenen zwou Froen, déi den Här Mosar gestallt huet, zu där enger emol, Groupe TVA oder Groupement TVA: Ganz gäre schaffe mer och mat lech do drop. A wann dat och konform ass

zum Droit communautaire, da solle mer dat wierklech sérieusement analyséieren.

Zum éischte Punkt, Rapiditéit vun der Réforme fiscale: Et bien, dat hänkt e bësse vun lech alleguerten of, wéi séier dass mer eis eens ginn. Et hänkt awer och dovunner of, wéi gutt mer dee ganzen Débat kënnen preparéieren an déi Calculle maachen - dorop hunn ech insistéiert.

Well ech elo och d'Geleeënheet nach eng Kéier kréien, wollt ech och nach ee wichtige Punkt, dee mer an der Rapiditéit entgaangen ass, hei ënnersträichen, well Der elo gesot hutt, dass mer och op déi Pist „flat tax“ ginn.

Jo, also ech wëll et ganz kloer soen: Et ass eng vun den Optiounen. Mä et muss ee sech bewusst sinn, dass net alleguerten d'Entreprises déiselwecht Besoinen hunn. An ech mengen, dass een en parallèle muss driwwer nodenken, éischstens fir d'Prévisibilitéit vun den Entreprises an zweetens am Intérêt vum Land, dass een eng zweet Pist da bäibehält - ob dat elo eng Phase transitoire ass oder net -, wou ee géif soen, den existéierende System féiere mer nach eng Zäitche weider. Och well d'Entreprise jo dorop hir Zukunft opgebaut hunn!

E Beispill: Eng Firma huet op fënnef Joer eng Zomm investéiert a kann dat zu engem gewësen Deel ofschreiwen. Wa mir d'nächst Joer eng „flat tax“ maachen - wann ee seet: Et ass elo „flat tax“! -, jo, wat geschitt da mat deenen Ofschreiwungen? Halen déi dann op?

Also dofir, mir hunn do Transitionsschwierigkeiten, déi mer mussen gesinn. A mir müssen, mengen ech, wierklech den Dialog mat den Entreprises féideren, dass déi eis soen, wat d'Virdeeler fir si vun der „flat tax“ wären, an anerer, wat de Virdeel vum aktuelle System ass. Sachant dass den aktuelle System wäert mussen changéieren, well d'Rulingen évoluieren, well déi vill méi eng kleng Roll wäerte spillen, net nëmme zu Lëtzebuerg, och an deenen anere Länner.

Dofir, déi Pist ass gutt. Mir wäerten déi creuséieren. En parallèle mussen mer kucken, wéi mer den aktuelle System kënnen à titre transitoire oder en parallèle weiderféieren, dat Ganz am Respekt vun der Constitution, an der Iddi vläicht och, den Entreprises de Choix ze loosse. Dat sinn d'Pisten, déi mer amgang sinn ze kucken.

A vläicht och, fir de Kalenner ze soen: D'Iddi wär jo, dass mer am Laf vum Januar de Kontakt souwuel mat der Chamber wéi mat dem CES géifen ufänke fir d'Daten. Ech soe Januar, et kann och Ufank Februar ginn, fir dass mer d'Zifferen alleguerten hunn, dass mer all déiselwecht Zifferen hunn an op där Basis da kënnen ufänken ze rasonéieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Ech ginn dovunner aus, dass mer um Enn ukomm sinn. Ausser, dass den Här Urbany nach eng zwéngend...

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Nee, ech wëll just net onwiddersprach loosse, dass den Triple-A zur Konsolidéierung vum Sozialstat féiert. Well den Triple-A ass u Kritäre gebonnen, déi ech virdrun erkläert hunn hei. An déi bedeiten alleguerten en Aschnëtt an d'bestehend Mechanisme vum Sozialstat no ënnen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech mengen, wéi Der selwer gesot hat, hat Der dat explizéiert. Mir sinn also um Enn vun der Diskussion ukomm.

**Motion 1**

Et war d'Propos vum Här Wirtschaftsminister, fir d'Motioun vum Här Turpel an déi zoustänneg Kommissiounen ze ginn. Den Auteur ass domat d'accord.

Ass d'Chamber och dermat d'accord?

(*Assentiment*)

Dann ass dat esou décidéiert a mir sinn um Enn vun eiser Debatt ukomm.

(*La motion n°1 de M. Serge Urbany est renvoyée à la Commission de l'Économie et à la Commission de l'Environnement.*)

Mir géifen dann als leschte Punkt vum Ordre du jour de Projet de loi 6739 huelen, deen et

der Regierung soll erlaben, e Satellit ze kafen oder unzeschaffen an ze exploitéieren. D'Riezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorebelen Här Marc Angel.

### 3. 6739 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à acquérir, lancer et exploiter un satellite destiné aux communications gouvernementales et militaires, ainsi qu'à acquérir des capacités satellitaires permettant au Gouvernement de satisfaire ses besoins et ses obligations en matière de défense

*Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration*

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Jo, Merci, Här President. Dir Häre Ministeren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als klengt Land ass et besonnesch wichteg, dass Lëtzebuerg international kooperéiert, an dat gëllt besonnesch fir...

(*Brouhaha*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift, nach e bësse Gedold. Mir si bal um Enn ukomm. Mir lauschtere wann ech gelift dem Rapporteur no!

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- An dat gëllt besonnesch fir d'Sécherheets- an d'Verdeedungspolitik. An och an deem Beräich huet Lëtzebuerg sech mat sengen aliéierte Partner zesummegegoen.

D'NATO ass net deen eenzeg, mä et ass e wichtige Pilier vun der Lëtzebuerger Sécherheets- a Verdeedungspolitik an och e Garant fir Sécherheet a Stabilitéit hei am Land.

Haut ass Lëtzebuerg dat Land an där Allianz, dat dee geréngste Verdeedungsbudget huet par rapport zu sengem PIB. Lëtzebuerg gëtt am Moment 0,4% vu sengem PIB fir Verdeedung aus. Um NATO-Sommet vun Newport a Wales, deen natierlech virum Hannergrond vun der Ukrain-Kris an awer och virum Hannergrond vun deem, wat a Syrien passéiert, ze gesinn ass, huet sech d'NATO engagéiert opzehalen, d'Défensebudgeten erofzesetzen, a sech nei Ziler gesat, fir op 2% eropzekommen.

Et ass an deem Kontext, wou Lëtzebuerg sech bereet erkläert huet, säin Effort vun aktuellen 0,4% op 0,6% bis d'Joer 2020 eropzesetzen, wat am Fong dem Niveau vun 2007 erëm gerecht gëtt.

Och wann dat munch engem net gefällt, esou ass et awer kloer, dass Lëtzebuerg am Sënn vun der Solidaritéit innerhalb vun der Allianz ganz einfach méi grouss Kontributiounen leeschte muss, well einfach den Ofstand zu deenen anere Bündnispartner grouss ass. Mir kënnen net op där enger Säit 100%eg d'Benefisser vun der Sécherheet genéissen an anerersäits 0% vun der Responsabilitéit iwwerhuelen.


Elo ass d'Fro, wéi een déi Gelder fir d'Défense sënnavoll kann ausginn, fir dass se och e Retour bréngen, net nëmme fir d'Land, net nëmme fir d'Ekonomie, mä och fir d'Bierger, dass mer all en direkten Notzen dovunner hunn.

An de Verdeedungsminister huet do eng Rei vu konkrete Pläng schonn ugekënnegt. Dat geet vun der Renovéierung vun der Landepist vum Findel iwwert d'Renovéierung vun de Kasären um Härebiarg bis bei den Data-Center fir d'NSPA, déi fréier NAMSA, zu Capellen.

(*Mme Simone Beissel prend la présidence.*)

An och dese Projet, iwwert dee mer haut diskutéieren, bréngt Lëtzebuerg nohaltege Retour. An ech félicitéieren dofir am Numm vun der LSAP der Regierung fir dese Projet.

Et geet ëm e Satellit, kuerz gesot „GovSat“, deen d'Satellittelekommunikatioun am Domän vun der Sécherheet an an der Verdeedung erlabe soll. D'Regierung huet also vir, fir zu dem Zweck ze kommen, eng gemeinsam Gesellschaft mat der SES ze schafen. An des nei



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook et Twitter







Sociétéit soll dee Satellit kafen, dee Satellit op Orbit setzen, de Satellit bedreien an natierlech och kommerzialiséieren.

Et läit op der Hand: Mat der SES, awer och anere Betriber, déi am Beräich vun der Satellitkommunikatioun hei zu Lëtzebuerg aktiv sinn, hu mer eng Weltraumindustrie mat grousssem Know-how hei am Land. D'SES vu Betzder ass ee vun de Global Playern am Beräich vun der Satellitkommunikatioun. An et ass och genau dee Partner, deen ee brauch, fir esou e Projet iwwerhaapt kënnen opzezielen.

De Projet ass also net nëmmen e Projet, dee reng mam Beräich Verdeedegung ze sinn huet, mä et ass och e Projet, deen onser Satellitenindustrie nei Entwécklungsméiglechkeete soll bidden. D'Investissementen am Kader vun dem Projet GovSat kënnen als Verdeedegungseffort ugerechent ginn an anerersäits schafe mer en neit Geschäftsfeld, Know-how, Aarbechtsplazen an och Recetten.

Et ass awer och kloer, dass d'Bedreiwe vun esou engem Satellit fir militäreschen Zwecker eng ganz Partie vu wesentleche Froen opwërft, an déi mussen beäntwert ginn, éier een esou e Projet kann duerchzéien.

Éischt Fro: Ass iwwerhaapt eng Demande do fir esou Satellitcapacitéiten am Domän vun der Sécherheets- a Verdeedegungsolitik? Wat gëtt et schonn an deem Beräich? A wéi gesinn d'Offeren aus? A wat gëtt an Zukunft gebraucht?

Eng zweet Fro ass: Fir wellech Zwecker dierf esou e Satellit benotzt ginn? A respektiv, wat fir eng Responsabilitéit huet de Lëtzebuerger Stat?

An hei wëll ech direkt eng Klammer opmaachen: A senger Aussepolitik hält Lëtzebuerg bedéngungslos op d'Anhale vun internationaler Recht an all Utilisatioun vun deem Satellit muss deem Grondsaz entsprechen. Ech kommen herno nach eng Kéier dorop zrëck. D'Anhale vun deem Grondprinzip ass omnipräsent an deem Projet de loi. Aneschtens wär et och net denkbar.

An déi drëtt Fro, déi ee sech muss stellen, ass: Wier dierf dann déi Servicer vu GovSat an Usproch huelen?

Dat beréiert natierlech erëm eng Kéier d'Fro vum Respekt vum Droit international. An et ass méi wéi kloer, dass een esou Capacitéiten net einfach esou un all Stat verkafe kann. Et muss verhënnert ginn, dass Staaten, géint déi international Sanktiounen ausgeschwat goufen, vun dëse Servicer profitéieren dierfen.

Ech wëll als Rapporteur an awer och als President vun der zoustänneger Kommissioun bemerken, dass mer an dräi Sätzungen am Detail zesumme mam Minister a mat Vertrieeder vum Ekonomiesministère an och vun der Direction de la Défense all dës Froen, déi dräi Froen, laang diskutéiert hunn. Ech ënnersträichen dat hei, well ech net wëll, dass d'Gefill opkënn, dass mer dee Projet hei duerchgeboxt hätten. Mir hu séier geschafft, mä mir hunn eis awer Zäit geholl an am Detail an intensiv, en profundeur geschafft, wat den Inhalt ugeet.

D'Fro vun der Demande vun esou Servicer ass déi éischt, déi mer gekläert hunn. An dat geet och aus dem Rapport eraus, ob et eng Clientèle gëtt. Den Exposé des motifs vum Projet de loi seet, dass eng Analys gemaach ginn ass, wou déi bestehend Systemer an d'Besoinen, déi an der Zukunft bestinn, analyséiert gi sinn.

Et ass also och aus deem Grond, dass verschidde Staaten, also, well d'Kommunikatioun eben haut wichteg ass an der Défensepolitik, de Besoin ass ëmmer méi grouss an dofir hunn ëmmer méi Staaten esou Satellitsystemer. D'USA hunn esou Systemer, Groussbritannien, Frankräich, Däitschland, Italien a Spuenien, déi hunn héich sophistiquéiert Satellitsystemer. Dat sinn och protegéiert Systemer, déi nennt een „satellites durcis“. Et handelt sech do ëm Systemer, déi haaptsächlech Frequenze benotzen, déi dem militäreschen Beräich reservéiert sinn. Dat bedeit och manner Stëierungen an eng besser Qualitéit vun der Transmissioun.

De Problem ass awer deen, d'Capacitéite sinn extrem deier. A wann de Besoin do ass, da gräifen d'NATO an d'Partnerlänner och léiwer op kommerziell Satelliten zrëck, well dat vill méi bëlle ass wéi déi Satelliten, déi ech virdru beschriwwen hunn.

D'NATO ass also och amgaangen, selwer hir Projeten - wat no 2019 vu Besoinen do ass - ze analyséieren an huet och festgestallt, dass d'Besoinen no Satellitkommunikatioun enorm an d'Luucht wäerte goen.

Bei der Europäescher Unioun ass et ähnlech. Och si verfüügt net iwwer eegéigene Capacitéiten. An d'Agence européenne vun der Défense

koordinéiert d'Memberstate vun der EU am Domän vun der Satellitkommunikatioun fir Verdeedegungszwecker. Frankräich, Italien, Groussbritannien, Polen a Rumänien hunn Enn Juni 2013 d'European Satellite Communication Procurement Cell an d'Liewe geruff - dat ass e Genre Central d'achat -, fir ebe gemeinsam Capacitéiten ze kafen. Lëtzebuerg, d'Belsch a Finnland sinn am Oktober 2013 derbäigestouss, duerno koumen och nach Griichenland an Däitschland derbäi.

Och d'UNO ass am Fall, dass si Capacitéite mussen kafen. An dat mécht si aktuell och éischter am Beräich vu kommerzielle Satelliten. Ech mengen, dat hei ass erëm e gutt Beispill, fir ze weisen, dass d'Investitiounen a Sécherheetspolitik niewent der NATO och d'EU an d'UNO betreffen. Derbäi kënn dann och nach, dass déi national Capacitéiten am Laf vun den nächste Joren - déi Capacitéiten, déi mir als Lëtzebuerg brauchen - och müssen erst ginn.

De Lëtzebuerger Satellit GovSat ass net als Satellite durci geplangt. Et soll eng méi präiswäert Alternativ fir d'Clienten duerstellen, fir déi Besoinen u Kommunikatioun, déi net onbedéngt déi héich sécuriséiert Satellite brauchen. De GovSat wäert, wann ech dat esou kann nennen, en „niveau de sécurité militaire moyen“ assuréieren.

Als Hauptclienté gesäit een an éischter Linn international Organisationsen an déi Staaten, déi net iwwer eegéigene Satellitcapacitéite verfügen.

Wa mer elo dovunner ausginn, dass dat néidegt Potenzial do ass, da muss een och kucken, wéi een esou e Projet realiséiere kann. A Folgendes ass geplangt: De Stat grënnt mat der SES eng Joint Venture, an där jeeeweils 50% vun de Parte vum Stat a 50% vun der SES gehale ginn. Dat kascht de Lëtzebuerger Stat 50 Milliounen Euro. Et ass virgesinn, dass 40,1 Milliounen am Budget 2015 festgeschriwwen sinn an 9,9 Milliounen am Budget 2016. Déi Gesellschaft, déi Joint Venture tëschent Stat an SES ass zoustänneg, fir de Satellit ze kafen an op Orbit ze setzen, déi ganz Buedeminfrastrukturen an natierlech och fir d'Kommerzialisatioun an d'Gestioun vum Satellit.

Fir dee ganze Finanzement virzugesinn, muss d'Gesellschaft dann och nach e Prêt vun 125 Milliounen Euro ophuelen. An de Lëtzebuerger Stat huet sech och bereet erkläert, all Joer fir 10 Milliounen Euro Capacitéiten ze kafen. Dat si 25% vun där ganzer Capacitéit vum Satellit.

All déi Ausgaben, déi ech elo genannt hunn, ginn iwwert de Fonds d'équipement militaire ofgewéckelt.

Elo wat d'Fro vun der Responsabilitéit vum Lëtzebuerger Stat ubelaangt an och d'Fro, wien déi Servicer dierf benotzen: Ech mengen, dat ass déi allerwichtigst Fro an dat ass och déi Fro, mat där mer eis an der Kommissioun am intensiivsten, en long et en large auserneegesat hunn.

Et ass kloer fir d'Lëtzebuerger Regierung, dass d'Capacitéite vun deem Satellit net fir Aktivitéite benotzt dierfe ginn, déi de Grondprinzip vun onser Aussepolitik widdersprechen. Eng integral Kompatibilitéit mam Droit international muss an ass och hei an deem Projet assuréiert ginn.

D'Regierung huet dofir zwee Avis juridiques bestallt, déi d'Chamber iwwerengs och communiquéiert kritt huet. An et ass bei dëser Demarche drëms gaangen, d'Responsabilitéit vum Stat ze délimitéieren, Regeln a Prozeduren ze schafen, déi bannen an der Gesellschaft an awer och beim Stat selwer a senger Fonctioun als Régulateur gëlle sollen.

D'Resultat ass notament e Mécanisme de monitoring, deen aus folgenden Elementer besteet:

1. D'Satellitcapacitéiten dierfen am Prinzip un d'Memberstate vun der EU, der NATO, der EFTA an dem EWR verkaaft ginn an och un déi Organisationsen selwer, déi ech elo opgezielt hunn.

2. Staaten, géint déi eng international Sanktioun ausgeschwat gouf, gi vun der Fourniture vu Satellitkommunikatioun total ausgeschloss.

3. Fir déi Länner, déi net an der EU sinn, net an der NATO sinn, net am EWR an och net an der EFTA an déi net vun internationale Sanktiounen betraff sinn, gëllt Folgendes: Et gëtt en Advisory Board zesummegeesat aus Beamte vum Ausseministère, vum Justizministère, vun der Direction de la Défense an och vum Statsministère, déi ënnersichen all Demande an och d'Situatioun an deene Länner, déi Demandeur sinn, au cas par cas a beroden dann de Verwaltungsrot vun där Joint Venture.

Op Basis vun deem Avis vun deenen Experte kann dann de Verwaltungsrot eng Demande un de Régulateur maachen, fir dat betreffend Land op déi Lëscht vun de Länner ze setzen,

déi déi Capacitéite vun deem GovSat benotzen dierfen.

Dat alles passéiert um Niveau vun der Gesellschaft. An et läit da finalement um Stat als Régulateur, fir ze décidéieren, ob hien et erlaabt, dass d'Gesellschaft engem bestëmmte Land Capacitéiten zur Verfügung stellt oder net.

Et ass geplangt, dass de Satellit spéitstens am Summer 2018 op Orbit ass. A wéi üblech an deem Geschäft, deckt och eng Assurance déi ganz Risiko beim Lancement vum Satellit of.

Den Droit international priméiert op jidde Fall, och wat arméiert Dronen ubelaangt, an dat ass sécherlech e ganz kriddeleche Punkt vun dem sengem Projet de loi. Och hei ass d'Diskussioun ganz theoretesch. De Lëtzebuerger Satellit ass als militäresche Kommunikatiounssatellit konzipéiert an net fir de Pilotage vun Dronen. Hautzudaags, esou steet et och am Projet de loi, erlaabt d'Technik vum GovSat d'Steiere vun den Dronen net.

Mä dat heescht awer net, dass dat an Zukunft - d'Technik evoluéiert, dat wësse mer all - net de Fall kéint sinn. An dofir war et der Regierung och esou wichteg an och eis als Membere vun der Kommissioun, als Deputéiert, dass d'Kontrakter tëschent der Joint Venture an hire Clienté virgesinn, dass d'Benotzung vu Servicer am Aklang mam Droit international muss sinn, notament och wat d'Fro vum Pilotage vun den arméierten Dronen ubelaangt.

A sengem Avis monéiert de Statsrot virun allem, dass déi juristeschen Problemer am Zesummenhang mat der Responsabilitéit vum Stat op privatrechtlech Bestëmmungen tëschent dem Stat an der SES reléguéiert ginn. Déi zréckbehalte Léisung wär net «à la hauteur des enjeux juridiques». Ech hunn zitéiert. Or, hei muss een erëm op dee Mécanisme de monitoring hiweisen, deen ech virdru beschriwwen hunn an deen iwwerengs am Conseil de Gouvernement vum 19. November ugeholl gouf, an natierlech muss een och hiweisen op de Rôle vum Stat als Régulateur. De Statsrot hat leider déi Avis juridiques net zur Verfügung, wéi en dësen Avis geschriwwen huet.

Ech wollt dann zum Schluss nach soen, dass dëse Projet e ganz wichtige Projet ass, andeems en Deel vum Défensebudget kombinéiert gëtt mat ekonomeschen Interessen. Mat deem zousätzlechen Effort, deen d'Regierung bei dësen Dépense muss maachen, gëtt et ëmsou méi wichteg, dass dat Geld sënnavoll agesat gëtt, dat heescht, sech net eleng op de quantitativen Effort ze beschränken. Mat deem Projet kreéiere mer weider ekonomesch Aktivitéit fir déi nei Firma, awer och fir d'Zouliwwer, mir schafen héich qualifizéiert Aarbechtsplazen a mir schafen och Recetten.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem Projet an ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Här Rapporteur Marc Angel, fir dee flotte Rapport an deem esou interessante Secteur. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den Här Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV). - Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, mam Projet de loi vun haut kritt Lëtzebuerg jo dann e Satellit, deen op militäresche Frequenze sent. De militäreschen Akronym ass jo GOVSATCOM. Fir d'Éischt wollt ech awer dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen an och haut mündleche Bericht. De Marc mécht dat gutt als President an ech schaffe gär mat him zesummen.

D'CSV, dat wëll ech ganz kloer direkt soen am éischte Saz, ënnerstëtzt dës Iddi, fir eben dee Satellit ze kreéieren, well et ass am Fong geholl keen Zoufallsprodukt. Déi Iddi läit an der Kontinuitéit vun der laangjähreger Verteidigungspolitik an dës gëtt jo och ëmmer laangfristeg opgestallt. Laangfristeg Richtlinnen an Objektiv gougouf jo och schonn am Wäissbuch oder den - wéi heescht et? - „Lignes directrices du Ministère de la Défense 2020“ opgestallt.

Dës Richtlinne sinn noutwendeg, well d'Fortsetzung vun dem Transformationsprozess an der Défense - an deen huet am Fong geholl all Land - kann nëmmen an engem nohaltege Rahme stattfanne mat enger klorer Vue vun der Zukunft, mat engem ofgesécheren Niveau vu Ressourcen. Strategie ass also eppes, wat konkret ass, näischt Zoufälliges. A si dréit ëmmer ëm déi dräi Aspekter: Wat sinn ons Ziler? Wat sinn ons Mëttele? Wat sinn ons Handlungsmeiglechkeeten? An dëse Projet passt ganz kloer an dës Iwwerleeungen. En ass eng Antwort op dës Frostellung.

Säit 1999, wéi de Verteidigungsministère an d'Affaires étrangères integréiert gouf, mécht

Lëtzebuerg seng Verteidigungspolitik no enger 3D-Ausrichtung: Diplomatie, Développement an Défense. Déi sinn an engem Ministère, oder aneschtens ausgedréckt: d'Aussepolitik, d'Kooperatioun an d'Défense spréchen d'Sécherheetspolitik, déi ginn openeen ofgestëmmt, mat engem Brëll gekuckt, kann ee soen. Et geet am Fong geholl drëm, Lëtzebuerg ee Gesiicht ze ginn an der grousser Welt am Kontext Aussepolitik an Erscheinungsbild vun eisem Land, d'Visibilitéit, ëm déi geet et.

Mir hunn aner Méiglechkeete wéi déi grouss Nationen. An déi grouss Nationen hunn nees aner Stärken a Schwächen wéi mir.

Duerfir, Klammer op: Esou konnte mir zum Beispill hei zu Lëtzebuerg an der Verteidigungspolitik, fir Präsenz ze weisen, ni staark - dat huet de Minister och scho gesot - op „boots on the ground“ setzen. Mir hu missen an de leschte 15 Joer an doriwwer eraus Imaginatiounen weisen an nei Weeër goen, déi eis leien. Mir als Stat ouni grouss militäresch Vergaangenheet hu vill méi Flexibilitéit an der Organisatioun vun eisem Effort de défense misse weise wéi déi aner. Mir maache jo duerfir och säit Joren eng Nischepolitik am Beräich „démining“ oder zum Beispill am Beräich Drénkwaasserproduktioun, wat jo och zum Image bäidréit. Mä ech wëll herno op déi méi visibel Kontributiounen agoen. Domat maachen ech d'Klammer zou.

Dëse Projet de loi huet a sech zwou Spezifitéiten: Éischtens, et ass e laangjährege finanziellen Engagement. An zweetens, et ass e PPP. Dat ass am Fong geholl näischt Aussergewöhnlech. Dat sinn am Fong geholl Normalitéiten. An ech wollt dann och déi Aspekter hei kuerz développéieren.

Laangjähregen Engagement mat finanziellem Impakt, e puer Beispiller: de WGS, de Militär-satellitprojet mat eisen amerikanesche Frënn, mat eisen Alliierten, deen och komplementär ass zu deem Projet, dee geet och iwwer méi wéi zéng Joer. Den AGS, den Droneniwwerwachungsprogramm, oder d'AWACS-Fligere sinn och Projeten, déi iwwer méi Jore ginn, wou mer eis laang engagéieren, a schliisslech och nach de Fliger A400M, wou Lëtzebuerg jo mat der Belsch zesummen esou e Fliger kauft huet. A grad dëse Leschten, mengen ech, huet eis et méiglech gemaach, op héchstem Niveau an der EU mat um Dësch ze setzen an am Fong geholl méi Visibilitéit ze kréien am Défenseberäich. An den deemolege Verteidigungsminister, de Charles Goerens, huet deemools déi Décisioun geholl an déi gëtt och haut a gouf vun allen Nofolger ënnerstëtzt.

Déi Projeten am Fong geholl droen allegueren derzou bäi, dass mer méi Kredibilitéit kréien am Defensivberäich. An déi brauche mer, wa mer justement wëllen eise Satellitprojet erfollegräich ofschléissen. Duerfir ass et wichteg, dass mer Kredibilitéit weisen.

Deen zweeten Aspekt, deen ech wollt uschwätzen, dat sinn déi sougenannten „PPPen“. Hei och e puer Beispiller. Dir erënnert lech allegueren heibannen: Am Kooperationsberäich hu mer de Projet „emergency. lu“. Et ass eng Satellitbasisstatioun, déi eis et erlaabt, an de Krisengebieder deene präsenten Akteuren um Terrain schnell Satellitcapacitéiten ze ginn, fir ze kommunizéieren mam Rescht vun der Welt. Dëse Projet ass schonn e puermool agesat ginn oder dësen „emergency. lu“. A mir hunn duerfir am Fong geholl vill international Unerkennung. Éischte Projet.

En anere Projet, deen ech och hei wëll ervirbréngen, wat och e PPP ass, e „public private partnership“, ass d'Atalanta-Missioun. Do hu mer Fligere mat enger Lëtzebuerger Gesellschaft, enger Gesellschaft, déi hei ugesiedelt ass, déi iwwerfléien déi Zon vum Golf vun Aden mat performante Kameraen. Esou kënnen se schnell déi Pirate lokaliséieren an identifizéieren, déi d'Schëffer attackéieren. Doduerch konnten d'Schëffer Moosnamen huelen, fir sech besser ze verteidigen. An Dir wësst, dass d'Atalanta-Missioun bis elo an de leschte Joren ëmmer besser ginn ass.

En drëtten Projet, Här Minister, dee jo an der Défense ass, dat ass dee vun Melusina. Dat ass jo och e PPP, e „public private partnership“, dee jo op engem kommerzielle Satellit der NAMSO spréchen dem SHAPE an der belscher Arméi Capacitéite ginn huet am Satellitberäich.

Dir gesitt also, d'Iddi, fir Projeten ze maachen an der Lëtzebuerger Regierung, am Lëtzebuerger Stat mat Retombéien op d'Ekonomie, op d'Lëtzebuerger Ekonomie, dat ass am Fong geholl eng Geschicht, déi net vun haut ass, mä scho vu gëschter, scho bal vu virgëschter. An dëse Projet fält jo an déiselwecht Logik: Retombéien fir Lëtzebuerger Betriber. An dat ass eng gutt Saach!

Elo wollt ech kuerz dann zum Projet selwer kommen. D'Iddi vun engem Satellit op militäresche Frequenzen ass a sech selwer vun der





SES ausgaangen. Virun e puer Joer huet d'SES selwer den deemolege Kommunikatiounsminister, de Minister Biltgen, kontaktéiert. Deen huet mech deemools kontaktéiert. An do hu mer dat favorabel opgehooll a mir haten och Réunionen zu Betzder an och doriwwer eraus. Et ass drëm gaangen, déi nei Iddi frësch ze cadréieren, ebe fir e GOVSATCOM opzerrichten oder e Satellit mat militäresche Frequenzen opzerrichten.

Deemools ass gemengt ginn - dat war d'lescht Joer am éischte Semester -, et misst een onbedéngt e signifikante Partner hunn. Duerfir hu Gesprécher stattfonnt mat der norwegescher Verteidigungsministerin. Déi sinn awer leider net aboutéiert, allzäit net mengem Wessen no, an haut gesi mer jo am Exposé des motifs - an och de Rapporteur huet dat gesot - an och am Commentaire des articles, dass effektiv net direkt konkret op e präzise Stat spekuléiert gëtt, mä dass déi Organisatiounen, an deene mer dra sinn - d'NATO, d'UNO, d'EU -, solle potenziell Partner sinn. Dat ass och gutt esou. Déi Iddi ass derwäert, realiséiert ze ginn. An déi sinn och favorabel zum Projet, ech hunn dat jo scho gesot.

Mä wann ech awer am Detail kucken, stellen ech mer e puer Froen, an déi ginn och opgeworf an dem Avis vun der Chambre de Commerce an och am Avis vum Statsrot. Well d'Chambre de Commerce ass a sech jo zefridde mam Projet an approuvéiert en. Si seet effektiv, mir géifen den Obligatioun vum Land als NATO-Member Rechnung droen an de Projet géif och eng Plus-value bréngen fir eis Wirtschaft. Mä si gesäit awer Problemer, wat d'Fiche financière ugeet.

Et feelt effektiv eng detailléiert Explikatioun, wat d'Recetten an d'Dépenses ugeet. D'Fiche financière ass net komplett, well déi jeeweilg Participatiounen nëmmen drastinn, déi 125 Milliounen, déi musse geléint ginn, mä d'Zënse zum Beispill, déi jo wierklech net kleng wäerte si bei deem Montant do, déi stinn net dran. Duerfir ass dat deem éischte Punkt, dee se uschwätzt.

En anere Punkt, dee se och uschwätzt an deem Avis, dat ass de Weiderverkauf vu Capacitéiten. Do steet och näischt dran am Text vun de generéierte Revenuen. Et kann een och net dee globale finanziellen Impakt vun der Acquisition an der Exploitation vum Satellit evaluéieren. Esou steet et am Avis vun der Chambre de Commerce.

Et geet een hei vun enger Retombée économique aus, et steet awer näischt doriwwer an der Fiche financière. De Gesetzesprojet schwätzt vun internationalen Entwicklungen am Beräich vun de Satellitcapacitéiten, déi awer eréischt am Joer 2015 kommen. Dat steet och an deem Avis.

An do muss ee sech wierklech d'Fro stellen, Här Minister, ob et net - ech weess et net, mä ech stellen awer d'Fro trotzdem hei -, ob et derwäert gewiescht wär, vläicht e puer Méint ze waarden, bis déi international Entwécklung kommen a vläicht méi Donnéeën um Dësch gewiescht wäeren, fir da vläicht de Projet besser ze positionéieren, well justement an der Diskussion vun der Chamber (veuillez lire: vun der Chamberskommission) jo festgestallt ginn ass, wéi vill Potenzial do ass.

Et ass enorm vill Potenzial um Terrain. A wann eng Kéier de Satellit opgericht ass, dann ass en opgericht an da si keng Ännerunge méi méiglech. An da kann et sinn, dass vläicht Frequenzen, dat heescht Capacitéiten, déi néideg wäeren, net méi do sinn.

En anere Punkt aus dem Avis ass deen, deen och drasteet, ob et net méiglech gewiescht wär - ech weess zwar, dass et megaschwierig ass, ech soen dat och esou -, Zeenarien ze proposéieren an der Fiche financière. Ech stellen dem Minister déi Fro och. Ech weess net, ob et méiglech war, ob e mat senge Leit dat beschwat huet, mä e ka mer dorop vläicht eng Äntwert ginn.

An der Fiche financière steet och - an dat ass awer net prezis an deem Sënn -, an der Fiche financière steet eng Durée vun zéng, eelef Joer. Am Exposé des motifs steet, de Projet géif iwwer zéng Joer goen. Dat ass juristescht onsécher! Wat ass do richtig? Wäre et net besser, wann op deenen zwou Plazen datselwecht géif stoen?

An dann och nach den Artikel 2. Do steet nëmmen de Montant total vun iwwer 100 Milliounen oder zwielef Milliounen pro Joer. Et gëtt hei awer net preziséiert, dass dat eng Période maximale vun zéng oder eelef Joer ass. Dat ass den Artikel 2.

Wann et elo awer wierklech zwielef Milliounen wäeren, Här Minister, wäeren et aacht an en halleft Joer. Do besteet also eng Konfusionsgefahr. Ech weess awer Är Äntwert dorop, well Dir hutt

eis an der Kommission gesot, Dir bräicht Flexibilitéit. Mä ech wollt et awer trotzdem hei ervirhiewen.

Am Exposé des motifs, do steet, dass Lëtzebuerg seng orbital Positioun verléiert, falls de GOVSATCOM Enn 2017 net op Orbit wär. Wat geschitt da mam Projet, falls dat wierklech sollt antrieden, deen Zeenario? Gëtt et do wierklech e Plan bis, oder hutt Der keen? A wat geschitt, an déi Fro hunn ech mer och gestallt, wann elo dee Satellit, dee mer elo fortschëssen, deen am Fong geholl tëschegeparkt soll ginn, bis deen anere fäerdeg ass, wann elo do eng geschitt? Gëtt et do eng Méiglechkeet, dann en anere Satellit op déi Plaz ze schécken oder net? Dat hu mer nach net diskutéiert.

Ech wär och frou, wann ech vum Minister do géif héieren, wéi dat kéint fonctionnéieren, wann deen een also net géif klappen a mir kéinten dann een aneren dohinnersetzen. Oder ass de Projet domat fort? Dat ass e Risiko, vun deem mer alleguerde wëssen heibannen, dass et e gëtt. An ech wär frou, wann de Minister mer kéint soen, wéi eng Äntwerten hien dorop huet.

De Conseil d'État schreift, et géif keng Referenz op eng international juristescht Verpflichtung ginn, déi d'Obligatioun vum Land vis-à-vis vun der NATO definéiert, an och keng Zuelenangab, wéi vill den Engagement vu Lëtzebuerg misst sinn, iwwer wéi vill Joren dat misst goen a wéi des Dépenses der Défense zougerechent kënne ginn.

Dat ass e Constat, deen ass richtig, deen och schwierig ass, mä et wär vläicht net schlecht, wann de Minister an den nächste Méint eis effektiv kéint soen, wéi e sech dat virstellt, wat d'Zuelen ugeet, fir dass mer méi Transparenz kréien, wat dee Punkt do ugeet, wéi mer eis par rapport zur NATO wëlle positionéieren.

Et gëtt och d'Avis-juridiquen - et ass schonn ugeschwat gi vum Rapporteur -, déi ware leider net do. D'CSV hat se och net kritt. Mir haten e Brëif un Iech gemaach, dat ass eng Tatsaach.

An eng Fro, déi de Statsrot och nach opwërft, ass, dass e seet, dee Gesetzestext wär an enger kommerzieller Logik verfaasst ginn, déi ugeschwate Responsabilitéit vum Lëtzeburger Stat géifen no privatem Recht tëschent him an der SES geregelt ginn. An duerfir ass de Statsrot skeptesch, well e mengt, de Stat kéint net nëmme seng Obligatiounen als privaten Akteur assuméieren, mä e misst och als effentlech Puissance am Kader vum internationale Recht virgoen.

Dat ass richtig. Dat ass och net einfach. Mä trotzdem hu mer vill iwwert d'Responsabilitéit vum Stat geschwat beim Asaz vun de Satellitcapacitéiten. Am Gesetz steet jo, et géif an de Kontrakter all Méiglech gemaach ginn, fir ze verhënnern (veuillez lire: fir sécherzestellen), dass dës Capacitéite selon les règles de l'art géife benotzt ginn. Ech drécken et esou aus. Dat heescht, mir maachen all Méiglech, duerfir hu mer jo och dee Gremium geschafft, deen de Rapporteur elo virdrun a sengem Rapport opgefouert huet, deen d'Part des choses soll maachen, deen d'Partner soll auswählen, déi éligibel si fir Capacitéiten.

Dat ass awer relativ schwierig, well den Duerchbléck net ëmmer do ass an deem Beräich an d'Confidentialité och groussgeschriwwen gëtt am Militärberäich. Ech hoffen, dass mer do den Duerchbléck behalen an dass do net Panne virkommen!

Dat internationaalt Recht spillt hei, dat huet de Rapporteur jo och gesot. Mä dat heescht awer och dann a Krichszäiten, wann esou Capacitéite gebraucht ginn, da kéint, wann dat geschitt, wat virdru gesot ginn ass, dass zum Beispill d'Drone géife vun engem Ku-Band an e Ka-Band iwwergoen, da kéint et sinn, dass mat eise Satellit kéinten Drone gesteuert ginn, déi och herno dann eben arméiert wäeren. Dat ass net auszuschléissen, däss soll ee sech bewosst sinn.

#### (Interruption)

D'accord. Awer trotzdem soll een dat wëssen. Dat ass also ee Punkt an ech wollt deen nach eng Kéier hei ervirhiewen.

Ervirhiewe wollt ech gradesou, dass, wann eng geschitt: Effektiv huele mer deem d'Capacitéiten ewech, okay, mä dee moralesche Schued, dee bleift awer ëmmer!

#### (M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Zur Konklusioun: Mir soe jo zum Projet als solchem. Mir hunn awer Reserven iwwert d'Aart a Weis, wéi mer als Chamber dran agebonne ginn, ech hunn et scho virdru gesot. Net wéinst der Urgence! De Projet muss schnell evakuéiert ginn. En ass och net duerchgebaatscht ginn, wéi de Rapporteur gesot huet. Et muss alles rullen, soss risikéiere mer de Verloscht vun der orbitaler Positioun, an dat ass am Fong d'Schlüsselement vun där ganzer

Geschicht. Mä d'Fiche financière, déi war net komplett, an d'Avis-juridiqué sinn (veuillez lire: an d'Kommunikatioun vun den Avis-juridiquen ass) net vum selwe gaangen. Dat muss een einfach bemängelen!

Mä déi Fro: „Wéi evoluéieren d'Satellitcapacitéiten an den nächste Joren?“, déi ass net einfach, well mir hu jo keng Kenntnis kritt - mir hunn dat och erkläert kritt - vun der Étude du marché vun der SES a vun der Étude interne vun der Direction de la Défense. Mä déi besteheend Inconnuen a Risiken däreren awer ni op d'licht Schëller geholl ginn. An hei misst a mengen Aen eng Aart Monitoring gemaach ginn an d'Chamber sollt och no an no informéiert ginn doriwwer, wat do leeft, fir dass mer am Bild sinn!

Well, et ass ugeschwat ginn, mir hunn dräi Niveaue vu Satelliten. Ech wëll dat nach eng Kéier hei rappeléieren. Mir hunn dee sougenannten „COMSATCOM“, dat sinn déi kommerziell Satelliten - de Programm Melusina war esou een -, dann hu mer d'MILSATCOMen, dat si militäresch Satelliten am WGS-Programm, dee mer mat den Amerikaner hunn. Dat si Satelliten, déi op militäresche Frequenze senden an déi protegéiert sinn. An dat heiten eben ass e GOVSATCOM, dat sinn och militäresch Frequenzen, mä deen ass net protegéiert.

D'Fro, déi mer eis awer trotzdem musse stellen, ass: Wéi gutt kënnt dëse Modell un? Dat wësse mer nach net. Dat ass schwéier ze soen. Déi Capacitéite si méi bëleg wéi déi klassesch militäresch Capacitéiten. Dat huet jo och de Rapporteur gesot. Mä ass dat eleng e gutt Verkaufsargument, wou dach am Militärmilieu ganz oft d'Sécherheet gebraucht gëtt? Déi Fro stellen ech mer.

Et gëtt sécherlech e Gebrauch vu Capacitéiten, wou d'Protektioun zweetrangeg ass. Mä gëtt et da genuch där anerer? A wa jo, geet dat duer? An iwwerhaupt, déi Fro hu mer och nach net beäntwert: Wéi gesinn d'Militär am Fong geholl d'Tatsaach, dass dëse Satellit zivil bedriwwen gëtt? Well do gëtt et jo da Méiglechkeeten op der Plaz selwer, wou de Satellit steet, fir do effektiv verschidden onkloer Situatiounen ze kréien - loosse mer dat emol esou ausdrécken.

A well dat esou ass, Här Minister, sinn ech e bësse verwonnert iwwer Ären Optimismus. Ech muss dat éierlech soen. Dir schwätzt vun engem Rendement de capitaux vun zwou Zuelen, vun enger extraer Dividend vun 20 Milliounen. Ech wënsche mer, dass et wierklech klappt an dass dee Projet gutt ausgeet! Well et ass esou: Dat muss eng Success Story ginn, well ëmmerhi mécht en 10% vum Effort de défense aus, dat hutt Der eis gesot.

An ech hoffen, dass dat esou geschitt, well dat och wichtig ass fir déi Lëtzeburger Partner, déi mat am Boot setzen. Well dat wäert e weidert Aushängeschild vun eise Land ginn, wat mir och ënnerstëtzen, an zwar: militäresch Capacitéiten zu engem bessere Präis an engem PPP.

D'Fro stellt sech natierlech, ob mer de Maximum gemaach hunn oder net. Ech wënsche mer et! Mir ënnerstëtzen de Projet a wäerten en och stëmmen.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Halsdorf. Nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Moment gëtt et jo leider nees vill Spannungen op eiser Welt. Dat ass näischt Neits. Mä et ass awer onverkennbar, dass d'Gefor an deene leschte Méint ganz stark gestiegen ass. Ee Stéchwuert, dat ass natierlech d'Ukrain-Kris. Heiando huet ee bal d'Gefill, wéi wann d'Renaissance vun Kale Krich net onméiglech wier. D'Téin vu Moskau, jiddefalls an deene leschte Wochen, sinn alles aneschtens wéi konzilient. An dowéinst ass et och wichtig, dass een als Land an eng wichteg Verteidigungsstruktur agebonnen ass wéi d'NATO. An d'NATO huet jo net méi spéit wéi virgëschter och beschloss, fir eng sougenannten „Agräifstrupp“ opzustellen, déi gegebenenfalls aus dem Baltikum respektiv aus Polen ka verluecht ginn.

Virun allem beweist dës Kris jiddefalls awer, dass mer stark Verteidigungsstrukture brauchen. A besonnesch e klengt Land, e klenge Stat wéi Lëtzebuerg ass dorobber ugewisen. A wa mer e bëssen an der Geschicht zrëckbliden, da muss een allerdéngs feststellen, dass Lëtzebuerg besonnesch nom Zweete Weltkrich enorm Efforte gemaach huet, fir sech, wéi gesot, um internationalen Niveau an déi Strukturen anzubannen. Ech wëll drun erënneren, dass mer 1944 zwar dunne e bësse méi kleng ugefaangen hunn a mat Holland a mat der Belsch d'Benelux gegrënnt hunn. 1948 si mer der OECE bäigetruden. 1949 si mer Member vun der NATO ginn, awer och vum

Europarat. A schliesslech 1957 ware mer och Grënnungsmitglied vun der Europäescher Union.

Och haut, wann ee kuckt, mir hunn zwar ganz modest territorial Dimensionen, mä op där anerer Säit spille mer awer um internationalen Niveau eng gewëss Roll. An d'Tatsaach, dass de Moment jo zwee Lëtzeburger och bei ganz wichtegen europäesche Strukturen, Organisatiounen eng bedeitend Roll spillen - engersäits President vun der Europäescher Kommission, anersäits Presidentin vum Conseil de l'Europe -, dat beweist jo awer och, dass mer eng héich Renommee um internationalen Niveau hunn.

Sécher ass, dass mir entgéint vun anere Länner net d'Méiglechkeet hunn, um personelle Plang vill Apporten ze bréngen. Mir mussen also dowéinst op aner Pisten zrëckgräifen. A mir si Gott sei Dank nach ëmmer an der glécklecher Lag hei zu Lëtzebuerg, contrairement zu anere Länner, dass mer dach nach eng relativ stabil finanziell Situatioun hunn, soudatt mer eben, wéi gesot, déi Capacitéite mussen ausnotzen, fir eise Bäitrag dann eben och um internationalen Niveau ze leeschten, fir och net als Parasit dozestoen. Dofir huet dee Projet de loi vun haut ouni Zweifel och eng ganz grouss Bedeutung.

Et ass also och virun allem um Niveau vun der Verteidigungspolitik, virun allem vun der internationaler Verteidigungspolitik, wou mir eis mussen abréngen. An eppes ass ganz kloer: Zënter dem Bestoe vum Lëtzeburger Stat, zënter 1839, hu mer u sech nach ni esou a Fridde gelieft hei zu Lëtzebuerg. Well d'Gefor vun eisen Noperen ass de Moment extrem kleng an dat ass jo awer och net vun näischt komm. Dat ass ebe komm, well mir eben och all déi Joren déi Politik bedriwwen hunn.

D'nächst Joer, den 8. Mee, feiere mer 70 Joer Enn vum Zweete Weltkrich, méi genee, wéi gesot, den 8. Mee 2015. Dat ass am Fong geholl e gutt Beispill, dass mer a 70 Joer elo hei konnten net nëmme ronderëm eis, mä praktesch um europäesche Kontinent erëm Fridden opbauen. An dat ass mat Sécherheet net zulescht och dank enger Struktur, enger Verteidigungsstruktur wéi der NATO, déi jo de Moment 28 Memberstaten och zielt.

Mä och an der EU mussen mer eis Participatioun weiderhin héichhalen. De Moment si mer jo do an deem EU-Battlegroup mat honnert Mann engagéiert.

Richtig ass, wéi gesot, dass mer an Zukunft mussen versichen, verstärkt nach déi Investitiounen och méi nationalwirtschaftlech ze notzen, well mir nun ebe keng Rüstungsindustrie hunn. Dowéinst kritt dee Projet hei eben nach eng zousätzlech wichteg Bedeutung, an et ass schonn e puermol hei ugeklungen, well eben ekonomesch Retombéeën och hei am Land bleiven.

Bis elo ware mer am Fong geholl gezwongen, Material am Ausland ze kafen. Dat ass mat dësem Projet direkt elo net esou de Fall. Ech mengen, d'Tatsaach, dass mer elo als Stat eng Gesellschaft mat der SES zesumme grënnen, enger Gesellschaft mat Lëtzeburger Statut, ass u sech de beschte Beweis, dass mer eben, wéi gesot, och direkt eis Economie kënnen duerch dee Projet hei stäerken.

Mir hunn och eng gutt Entwécklung vun eise Logistikkenter. Mir hunn och scho virgesinn, dass mer Pisten um Findel wëllen ausbauen, eben, wéi gesot, fir datt och Militärflieger do kënnen an Zukunft nach méi verstärkt landen. Och dat si wichteg Bäitrag fir d'Zukunft.

D'Technik ass jo eppes, wat schrecklech schnell evoluéiert, natierlech mat Sécherheet och um Niveau vum militäresche Beräich, an dofir ass et wichtig, dass een och permanent do um leschte Stand ass.

Duerch dee Projet hei kréie mer natierlech och eng aner Visibilitéit. Ech wëll awer direkt hei ënnersträichen, mir kréien ouni Zweifel eng besser Visibilitéit. Mir kréien och eege militäresch Frequenzen, wat eis u sech och méi eng Onofhängegkeet gëtt. Bis elo hu mer am Fong ëmmer do missen op d'amerikanesch Défense zrëckgräifen, wa mer wollten anere Stat an Organisatiounen Frequenzen zur Verfügung stellen. Dat ass mat dësem Projet an Zukunft net méi de Fall.

D'NATO - an dat ass och scho virdrun hei gesot ginn - huet jo hire Programm definéiert iwwert den NSP2K fir d'Period 2019 bis 2034. Bis dohinner muss a wäert och eise Satellit jo op Orbit sinn. An dee Programm erlaabt der NATO de Moment u sech just, op dräi national Satellitprogrammen zrëckzegräifen, dass ass engersäits Syracuse fir Frankräich, Sicral 1 an 1bis fir Italien a Skynet 4 a 5 fir Groussbritannien. An Zukunft kann also och Lëtzebuerg deelweis oder ganz





seng Capacitéite, seng Satellittecacitésen der NATO zur Verfügung stellen.

An och duerch dës Aquisitioun - an dat ass e wichtegt Element, wat och hei muss nach eng Kéier ënnerstrach ginn - wäert jo eise Bäitrag vun 0,4% op 0,6% steigen. Ech wëll just drun erënneren, datt mer dann nach ëmmer wäit ënnert der Moyenne si vun 2%, wat am Duerchschnitt, wéi gesot, déi aner Partnerlänner zur Verteidigungspolitik bäidroen.

Ech hat schonn hei kuerz drun erënnert, datt, wéi gesot, Lëtzebuerg jo e Grënnerstat ass vun der Europäescher Unioun - 1957 war dat. Et gëtt jo u sech regelméisseg bedauert, datt d'Europäesch Unioun u sech keng gemeinsam Verteidigungspolitik huet, a wann eis Kollege Fransousen 1954 vläicht an der Assemblée nationale en anere Vote geholl hätten, dann hätte mer haut och vläicht eng europäesch Arméi. Mä wat net ass, ka jo nach kommen. Et si jo eng Rei Initiativen, déi sech de Moment bemierkbar maachen um europäesche Plang. Do spillt natierlech och d'Agence européenne de défense, d'AED, eng ganz wichteg Roll. Déi gouf jo den 12. Abrëll 2004 gegrënnt an hält och eng Schlüsselpositioun an. A Lëtzebuerg kann och vun där Agence elo an Zukunft duerch dee Projet hei ouni Zweifel profitéieren.

D'Europäesch Kommissioun huet sech jo och neierdengs nei ambitiéis Ziler gesat, wat d'Veteidigungspolitik ubelaangt. An ech wëll och hei de fréiere Kommissionspräsident José Manuel Barroso zitieren, deen d'lescht Joer am Juli Folgendes an deem Kontext gesot hat: «Nous n'aurons pas le poids nécessaire dans le monde sans une politique de défense commune. Pour soutenir cette politique, nous devons renforcer notre secteur de la défense et de la sécurité. En cette époque de pénurie de moyens, la coopération joue un rôle clé et nous devons veiller à l'adéquation des objectifs et des ressources pour éviter la redondance des programmes. Le temps est venu de faire davantage ensemble et de nous engager pour plus de coopération dans le domaine de la défense.» Ech mengen, dat si kloer an däitlech Wieder gewiescht.

Da wëll ech och un de Conseil européen vum 19. an 20. Dezember 2013 - also virun engem gudde Joer - erënneren. Do ass am Fong geholl déi éischte Kéier nom Akraaftfrieden vum Lissabonner Vertrag erëm iwwer eng gemeinsam europäesch Verteidigungspolitik diskutéiert ginn. An deemools ass och en Effort (veuillez lire: en Appell) gemaach ginn u sämtlech Memberstaten, fir zousätzlech Efforte fir, wéi gesot, eng gemeinsam Verteidigungspolitik ze maachen an ënner anerem och d'Zusammenarbeit ze verbessern am Kader vun der neier Generatioun vu Satellitte fir d'Telekommunikatioun. Ech mengen also, datt eise Projet GovSat wierklech an déi Richtung wäert goen.

Och d'UNO brauch an Zukunft nei Capacitésen, d'UNO, déi de Moment a plus ou moins 30 Länner engagéiert ass. An et dierf ee jo och net vergiessen, datt mer de Moment och nach e Sëtz am Sécherheetsrot hunn, soudatt mer och domat zousätzlech gefuerdert sinn, fir e Bäitrag ze leeschten.

Et gesäit ee jiddefalls, wann een e bëssen déi Oplëschtungen do mécht, datt trotzdem vill Potenzial do ass, fir u sech deen ambitiéis Projet hei an Zukunft och kënnen sënnavoll anzesetzen.

Et ass jo een Aspekt, deen zu enger Rei Diskussiounen Ulass ginn huet, wat dee Projet hei ubelaangt. An de Rapporteur, deem ech och elo scho wëll villmools Merci soen, dem Marc Angel, fir säi ganz flotte Rapport - och een, deen awer nach e Laien op deem Gebitt ass, an ech ziele mech och zu deene Leit, dee konnt sech relativ gutt do eraschaffen, well dee Rapport ganz explizit war an ass -, huet och schonn drop higewisen, datt et natierlech ee Punkt ginn ass, iwwert dee mer jo zum Deel e bësse kontrovers diskutéiert hunn. De Minister weess dat och, dat ass natierlech den Aspekt vun den Dronen an datt do vläicht eng gewësen Angscht géif bestoen, datt dee Satellit zum Deel och vläicht kéint mëssbraucht ginn.

Et muss een awer och drop hiweisen, datt d'Regierung jo richtegerweis do zwee Avis-juri-

diquen ugefrot huet, fir déi Angscht am Fong geholl dann och ze reduzéieren. Selbstverständlech bleift, datt mer natierlech och do musse ganz vigilant sinn an datt mer mussen all Précautionen treffen, fir datt natierlech och dee Satellit net kann illegal genotzt ginn, an d'Responsabilitéit vum Stat ass natierlech hei ouni Zweifel engagéiert.

Et ass natierlech eng ganz interessant Diskussioun iwwert d'Dronen. Ech wëll just drop hiweisen - et ass keng nei -, datt schonn deemools 1941 am Zweete Weltkrich déi ferngesteuert Fairey III-Fligere vun der Royal Air Force als Zildronen agesat goufen. Elo natierlech an deene leschte Jore fänkt d'Diskussioun awer u verstärkt ze ginn, well eben och déi Dronen zivil genotzt ginn, a virun allem, well se genotzt ginn, fir an d'Privatliewe vun de Leit spionéieren ze goen.

Spéitstens elo kënnt natierlech awer och de Punkt, wou ee sech awer muss d'Fro stellen, ob mer net méi staark musse légiferéieren, well de Moment baséiere mer eis am Fong nach ëmmer op e Gesetz vum 31. Januar 1948 iwwert d'Reglementatioun vum Fluchverkéier. An ouni elo mussen do méi an den Detail ze goen, mengen ech, kann een awer soen, datt dat net méi duergeet, datt mer eis also och musse Gedanke maachen, wéi wäit datt mer d'Notze vun den Drone musse méi staark reglementéieren. Do ginn et jo de Moment fënnel grouss Asazmäert: Fräizäit, Informatioun a Medien, Kontroll, Geowissenschaften an och Zivilschutz.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir si jo - an ech hunn dat jo aganks scho gesot - de Moment awer och mat enger Rei vun neie Phenomeener konfrontéiert, déi och zu neie Konflikter féieren an déi och de Friden a Fro stellen. An ee Phenomeen, deen eis mat Sécherheet wäert an Zukunft nach méi Suerge maachen, dat ass de Phenomeen vum IS, an ech zitieren hei den US-Ausseminister John Kerry, deen elo kierzlech gesot huet, dat wier eng „toxesch Ideologie“, wat do vum islamesche Stat propagéiert gëtt.

Leider riskéiert d'Welt doduerch och an en neie grössere Konflikt ze kommen. Dofir erëm eng Kéier ass et wichtig, datt mer eng staark, fest Struktur hu wéi d'NATO. Ech wëll dat elo net hei verdéiwen, muer hu mer en Débat dodriwwer an ech weess elo schonn, datt mäi Fraktionsfrënd, den Alexandre Krieps, dee jo e besonnesche Spezialist an där Matière ass, eis do nach vill méi op d'Wichtigkeet vun der NATO wäert hiweisen. Ech wëll just nach...

► **Une voix.** - Mir freeën eis elo schonn drop!

► **M. Gusty Graas (DP).** - Loosst lech iwwerraschen!

(*Interruption*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Loosst lech net oflenken, Här Graas!

► **M. Gusty Graas (DP).** - Deen ass ganz gutt!

Mä ech wollt, wéi gesot, ee Wuert nach...

(*Brouhaha et hilarité*)

...zu den arméierten Drone soen. Richteg ass, datt dat natierlech muss mat ganz grousser Virsicht genoss ginn. Op där anerer Säit dierf een awer och net vergiessen, datt awer kënnen Situatiounen antrieden, wou et mat Sécherheet net richteg wier, Buedemtruppen an den Asaz ze schécken, mä wou een awer dann aner technesch Méiglechkeeten hätt, fir dann awer och Mënscheliwwen ze évitieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, d'Demokratesch Partei ass jo och bekannt, datt se sech besonnesch fir d'Sécherheetspolitik am Allgemengen - an dorënner fällt natierlech am Spezifischen d'Veerdeedungspolitik - asetzt. Ech wëll och do kuerz aus dem Wahlprogramm vun 2013 zitieren, wou d'DP...

(*Interruption*)

...geschriwwen hat: „Die Grundlage unserer Sicherheitspolitik liefert die Zusammenarbeit mit anderen Demokratien. Die NATO ist dabei die erste und wichtigste Instanz und der Eckpfeiler der transatlantischen Zusammenarbeit zwischen Europa und Nordamerika.“

Ofschléissend jiddefalls, mam Uschafe vum GovSat maache mir e Schrëtt ouni Zweifel an déi richteg Richtung, well mir wäerten och do bei eise Partner neit Vertraue provozéieren am positive Sënn. An, wéi gesot, nach eng Kéier, mir stäerken doduerch och eis national Ekonomie. Alles also Ursache genuch, fir datt d'DP deemem Projet wäert zoustëmmen!

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. Nächste Riedner ass den Här Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Mam Gesetz vun haut erlabe mer der Regierung, mat engem Kapital vu bis zu 50 Milliounen Euro an eng SA eranzeklammen, an den zweete Partner ass d'Lëtzeburger SES Astra. Den Objet vun dëser SA ass et, fir e Satellit ze kafen, op Orbit ze setzen an ze exploitieren. An dëse Satellit soll virun allem der Kommunikatioun vum Militär an och vun der NATO dëngen.

Mat deemem Gesetz erlabe mer och der Regierung, Client bei dëser SA ze ginn. Si dierf Satellittecacitésen kafen, all Joers fir maximal zwielef Milliounen Euro, mat engem Maximum insgesamt vun 100 Milliounen Euro.

Den drëtten a leschten Artikel vun deemem Gesetz seet, datt dës Dépensen op de Kont vum Fonds d'équipement militaire ginn.

An et ass och dëse leschte Punkt, deen als Erklärung dëngt fir deen Engagement, dee mer hei aginn. Mir ginn op alle Fall emol dovun aus, datt eis Regierung an eisen Arméiminister net op eemol Loscht kritt hunn, eng militäresch Groussmucht ze ginn. Mä mir wëssen, datt mer hei probéieren, en Engagement, wat mer als Member vun der NATO agaange sinn, ëmzesetzen.

D'NATO-Cheffe ginn net midd ze priedegen, datt d'Efforte vun de Memberlänner fir eis militäresch Oprüstung net héich genuch sinn an datt et och net richteg ass, datt déi eng Länner vill méi en héije Prozentsaz vun hirem BIP oder PIB fir d'NATO ausgi wéi déi aner. D'Zil vun 2% gëtt ëmmer erëm als erstriewenswäert duergestallt. Mir gesinn dat als Gréng net gradesou. Mir mengen, datt 2% schonn e bëssen héich wier.

Wann een dann elo emol kuckt, wat déi verschidde Länner fir hir Membership vun der NATO ausginn, da stellt ee fest, an ech mengen, dat weess och jiddwereen heibannen, am wäitsten, am héchsten ass de Bäitrag vun den USA, net nëmmen, wat de Chiffer ugeet, mä och a Prozenter. Si gi 4,4% vun hirem PIB aus fir hir Défense am Kader vun der NATO.

Et ass rieds, datt vun deene Länner - also datt vun deenen 2%, déi mer sollen erreichen - awer nëmme véier Länner insgesamt sinn, d'USA, Groussbritannien, Griichenland an Estland, déi un deenen 2% leien. Frankräich, Polen an d'Türkei leie ganz no do drun.

A wann een dann déi Lëscht kuckt, wat déi verschidde Länner bäiginn, dann ass et effektiv esou: Lëtzebuerg läit u leschter Plaz mat 0,4% vum PIB. A virun eis läit Litauen mat 0,8%. An et gëtt jo och gutt Grënn duerfir, datt Lëtzebuerg do relativ wäit hanne läit. Eiser Meinung no maache méi Waffen de Planéit net onbedéngt méi sécher!

Mir fannen dat éischter flott, datt Lëtzebuerg am Spëtzepeloton, wat d'Kooperationsausgabe betrëfft, läit an eben u leschter Plaz, wat Militärausgabe sinn. An et ass och eng Relatioun, dat gesäit een, wann een d'Tableau vergläicht vun deene Länner, déi vill fir Kooperatioun ausginn, dat sinn net déiselwecht wéi déi, déi vill fir d'Militär ausginn. Do leien an der Spëtz Dänemark, Norwegen, Lëtzebuerg an Holland. Dat sinn eben anerer wéi déi, déi ganz vill an d'Rüstung investéieren.

Mir kënnen awer als Gréng domat liewen, datt mer eise Bäitrag vum PIB fir d'NATO vun 0,4 op 0,6 eropsetzen. Dat geet jo och lues a lues. Mir erwaarden eis awer och an Zukunft, datt d'Lëtzeburger Regierung sech asetzt fir maner Oprüstung, fir méi Kooperatioun a fir méi Preventioun.

Da stellt sech natierlech d'Fro: Muss et dann e Satellit sinn? Mir waren net waarm, wéi eng viereg Regierung decidéiert hat, an e Militärfliager ze investéieren. Mir haten och als Gréng do dergéint gestëmmt. Déi Sue waren ouni déi geréngst positiv ekonomesch Retombée fir eist Land. A mir dierfe jo och net vergiessen, datt déi Länner, déi esou vill méi an d'Rüstung investéieren, och an hir eege Rüstungskonzerner an hirem Land investéieren. Si hunn also en direkten ekonomesche Retour vun hirem Invest.

Mir investéieren an e Satellit, mä mir investéiere jo och net just an e Satellit. Mir renovéieren den Härebiereg, eng Investitioun, wou mer eis all eens sinn, datt se scho laang iwwerfällg ass, an déi geet op deeselwechte Kont, genee wéi e gewësse Prozentsaz vun Investissementer, déi mer um Findel maachen. An et sinn och nach aner Iddien am Raum. Natierlech fanne mir et positiv, wa mer den Härebiereg am Kader vun eise NATO-Bäitrag renovéieren. Hei maache mer eppes, wat dréngend noutwendeg ass, well d'Zaldoten effektiv eng besser Ënnerkunft brauchen. An zweetens hu mer eng Retombée économique, well mer hei eppes fir d'Handwierk am Land maachen.

An an deem Sënn fanne mer et och logesch, wa mer probéieren, eis Engagementer op engem Gebitt ze realiséieren, wou mer mat engem Plus-value rechnen kënnen. Mir haten am Ufank virun allem vill Bedenken, ob mer eis als Land net géifen an eng ganz kriddeleg Kette vu Responsabilitäten eramanövréieren, wa mer géifen esou eng Firma mat opbauen, déi Lizenzen un aner Länner géif ginn, fir se militäresch ze notzen.

déi gréng hunn och ëmmer drop gedrängt, datt mer géifen extern Etüden eranhuelen iwwert d'Responsabilitéit vun eise Stat a wéi mer eis am beschte kéinte virun onerwünschte Konsequenze schützen. Mir mengen, datt d'Regierung hir Aufgab an deem Beräich gemaach huet.

Mir sinn awer och der Meenung, datt et keng absolut Garantie an deem Beräich gëtt. Et bleift an dëser Matière ëmmer eng grouss Responsabilitéit fir eng Regierung, an dat ass schlussendlech och gutt esou a richteg esou.

Mir schwätzen hei iwwer Militär an NATO. Mir hunn als Gréng eng kritesch Positioun zu verschiddenen Aktiounen, déi vun der NATO lancéiert ginn. Mir hunn als Gréng och ëmmer derfir plädéiert, datt mer vum Blockdenken ewechkommen. Mir hunn eng Membership vu Lëtzebuerg an der NATO awer ni a Fro gestallt, zumindest déi lescht 15 Joer net, wou ech derbäi sinn. An eng Membership an engem Bündnis, dat eis Sécherheet garantéiert, ass nun emol net zum Nulltarif ze kriegen.

Iwwert déi technesch Detailer huet de Rapporteur genuch gezielt, an ech soen him Merci fir säi gudden, ausféierleche mëndlechen a schrëfteleche Rapport. Am Rapport geet och rieds dovun, wéi d'Regierung probéiert, sech e Mechanismus ze ginn, fir de Reschrisiko méiglechst kleng ze halen, zum Beispill duerch eng ganz streng Selektioun vun de méigleche Clienten.

Et steet och am Rapport, datt et zurzäit net méiglech ass, fir bewaffnet Drohne mat Hëllef vun eise GovSat op hiert Zil ze steieren. Dat ass allerdéngs keng Garantie, datt dat sech an Zukunft net eng Kéier ännert. An och dat steet korrekterweis am Rapport. D'Fro vum Asaz vu bewaffneten Dronen duerch d'NATO stellt sech och schonn haut an och fir eis, wou mer Member an der NATO sinn. Natierlech fanne mer deen Asaz alles anescht wéi onproblematesch.

Ech hat awer scho bei menger Ried zu der Aussepolitik den Cem Özdemir vun den däitsche Gréngen zitéiert, dee gesot huet: „D'Terroriste vum islamesche Kalifat bekämpft een net mat Yogamatten!“ An ech hat och gemengt, et wier barbaresch, wann een d'Barbare gewäerde géif loossen an net géif agräifen.

D'Bild vum Zaldot huet sech an deene leschte Joren a Jorzéngt massiv verännert, ewech vum Kämpfer, dee mat Bajonett a Maschinengewier an de Krich gezunn ass, wéi an deenen zwee Weltkriech. Haut ass den Zaldot éischter en Hightechspezialist, deen eben och weess, wéi



# Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vu 19:00 Auer un





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,  
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

een eng Dron vun engem séchere Stützpunkt aus steiert.

D'Zaldote sinn awer och haut nach méi wéi Computerfachmänner oder Logistiker oder Entwécklungshëllefer. D'Bild vun engem Waffenasaz vun engem klimatiséierte Büro aus ass fir mech en onangenehm Bild. An ech wëll och, datt dat fir mech esou bleift!

De Gedanken, datt mer Leit vun eiser Arméi an e Konflikt schécken, wou d'Konterpartie sech un absolut keng Regeln hält, mä seng Taktik eigentlech bewosst drop opbaut, Iwwerschreidunge vun alle mënschlechen an zivilisatoresche Kritären ze maachen, dat ass mer nach méi onangenehm. An einfach ewechkucken, wa Krichsverbrieche geschéien an eis Sécherheet bedroen, kann och keng Alternativ sinn!

An deem Sënn bréngen ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet an ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Adam. Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll vläicht ufänke mat engem Kommentar ze maachen, datt Dir alleguer an och den Här Minister lech sécher drun erënnert, datt d'ADR ëmmer ganz skeptesch war, wann et ëm de Fliger gaangen ass, well mir och gesot hunn, dee Fliger, deem huet keng Retombéeë fir d'Lëtzebuerger Land. An et wär eis léiwer gewiescht, wa mer schonn Investissementen an d'Verdeedegung maachen, datt mer dat op eng aner Manéier gemaach hätten.

Dofir ass dat hei elo, wat d'Regierung elo proposéiert, nämlech, wa Militärausgabe gemaach ginn, dat ze maachen op eng Manéier, wou mir och Retombéeën hunn, dat ass e richtege Wee, an da kënnen mer lech an där Richtung och ënnerstëtzen.

Ech stellen awer och fest, datt dee Wee gemaach gëtt, deem d'Regierung elo hält, mat där grénger Partei. An dat ass awer interessant, datt elo déi gréng d'accord sinn, fir de Militärbudget vun 0,4% op 0,6% vum Bruttoinlandsprodukt eropzeschrauwen.

Ech erënnere mech u Communiquéë vun deene Gréngen, déi geschwat hu vun engem „inakzeptabelen amerikaneschen Drock“. Ech hu se matbruecht, sollt e klenge Gediechnisproblem hei leien, an aner schéin, schéin Erklärungen vun deene gréngen an deene leschte Joren!

Mir hunn e Kommando an der Arméi, deem eigentlech déi gréng Politik virun der Regierungsbedelegung an an der Regierungsbedelegung fantastesch beschreift, an deem heescht: „Demi-tour, marche!“.

(Brouhaha)

An dat ass genee dat, wat eis gréng Frënn net nëmmen an der Militärpolitik, mä allgemeng an der Politik gemaach hunn, am Dateschutz, an esou villen anere Saachen. Mä den Helm op an „Demi-tour, marche!“, dat ass dat, wat déi gréng Partei mécht!

Elo zréck bei dëse Projet: d'Urgence. Den Här Halsdorf huet et och scho gesot: Wéi ass et mat der Urgence, wann dat elo net do onbedéngt klappt, fir dee Satellit eropzesetzen? Mä dat ass e realistesch Zeenario. Mir haten den Astra 2G, deem elo sollt Enn November eropgeschoss ginn, deem ass net eropgeschoss gi vu Baikonur, soi-disant wéinst engem Gyroskop oder engem Kommunikationsfeeler mat der

ieweschter Stuf vun der Proton-Rakét. An de Start sollt du méi spéit sinn dëst Joer.

Awer deem nächste Start, deem elo ass, ass e russesche Satellit vun der Gazprom, deem elo de 15. Dezember eropgeschoss gëtt. An dat stellt eis natierlech virun d'Fro: Kann eisen Astra 2G iwwerhaapt nach eropgeschoss ginn an den Délaien? A wat geschitt mat deem dann?

Et ass och pikant, fir ze wëssen, datt en Astra 2G, dee vun Airbus Defence Company (veuillez lire: Airbus Defence and Space) gebaut gëtt, dann iergendwou zu Baikonur läit. An ech komme gläich drop zréck, wat et nach méi pikant mécht, well och deem Astra 2G, deem elo sollt eropgeschoss ginn - dat ass jo net nach de GovSat -, mä och deem huet Frequenzberäicher am X- a Ka-Beräich, also Frequenzberäicher, déi kënnen militäresch benotzt ginn; deem awer elo net eropgeschoss gouf an iergendwou zu Baikonur läit.

An dofir wollt ech emol vum Här Minister wëssen, wéini deem dann elo eropgeschoss gëtt an ënner wéi enge Konditiounen.

An da muss een och vläicht déi Fro méi wäit aushuelen. Mir hu jo mat der SES - an dat ass jo ouni Zweifel eng Firma, mat där mir als Lëtzebuerg extrem enk verstréckt sinn - mir hu jo och do Orbitalpositiounen, déi mer zur Verfügung stellen. A mir hu jo Kapital, mir sinn e wichtege Aktionär an der SES, mir stellen de President vum Verwaltungsrot an op vill Manéieren hu mer Verantwortung. Mä Astra huet Satellitten eropgeschéckt, wéi elo den Astra 2G, mat Bänner, Frequenzbänner, déi kënnen militäresch benotzt ginn, ouni datt et e Lëtzebuerger Regierungssatellit wär, einfach kommerziell.

An d'Fro ass dofir: Weess d'Regierung, wéi déi Bänner op deenen Astra-Satellitten, wou militäresch Bänner sinn - oder waren, ech weess elo net -, huet se en Iwwerbléck doriwwer, wéi déi Bänner benotzt gi sinn, vu wem se benotzt gi sinn?

Et ass jo interessant, well mir als Stat jo kaum kënnen soen: „Mir hu keng Verantwortung fir déi Satellitten.“ Dofir si mer vill ze vill enk matenee verstréckt. Dofir d'Fro un den Aktionär bei der SES: Wat wësse mir als Stat iwwert déi Verwendung vu Militärbänner op Astra-Satellitten, déi elo net an dësem Satellit sinn, dee mer haut hei diskutéieren? Mä dat ass eng Fro, wou och d'Verantwortung vum Stat engagéiert ass a wou mer gär vun der Regierung wësst, wat si doriwwer weess a wéi déi Verantwortung vum Stat do gëréiert gëtt.

An dann d'Lëtzebuerger Arméi. Natierlech ass dat hei e Militärbäitrag an ech mengen, et ass eng legitim Fro, fir ze froen: Wéi profitéiert dann d'Arméi vun deem Know-how, wat mer elo hei kafe mat ville Suen? Ginn elo nei Carrière geschafen? Kënnen Militär ausgebild ginn an deene Beräicher, déi mer elo hei brauchen, fir dee Satellit ze steieren, fir en ze gëréieren an ze kommerzialiséieren?

Et wär jo interessant, wa mer doduerch och kéinten d'Arméi méi attraktiv maachen, och an deenen ieweschte Carriären, mat verantwortungsvollen an interessante Funktiounen, déi mer jo awer hei am Kader vun eiem Effort de défense elo plangen. Gëtt zum Beispill geduecht un eng Zesummenaarbecht mat aneren Arméien, mam Space Command a mat aneren, déi jo och an deem Beräich Know-how hunn, wou mir och kéinten an d'Arméi kéint dann dovunner profitéieren?

Mir brauchen e Wäissbuch iwwert d'Verdeedegung - den Här Minister Halsdorf hat do..., mä dat ass ni publizéiert ginn -, mir brauchen e Wäissbuch vun eiser Verdeedegung, wou mer

net nëmmen iwwert d'Défense territoriale, iwwert d'Implementation vum Militärgesetz schwätzen, mä einfach och emol iwwer all déi Aspekter, déi an deene leschte Joren derbäikomm sinn, wéi elo am Satellitteberäich, wéi d'Reconnaissance aérienne, wéi aner Missionen elo och am Kader vun der NATO, déi elo och derbäikommen, wou dat emol alles eng Kéier global duergestallt gëtt a wou mer kënnen debattéieren iwwer eisen Engagement militaire allgemeng.

D'Gesetz selwer stellt och d'Fro vun der Sécurité. Wéi eng Responsabilitéit hu mir dann elo als Lëtzebuerger Stat fir d'Ofsicherung zum Beispill vun der Buedemstatioun a wéi soll dat assuréiert ginn? Wéi kënnen mer eis op Cyberattacken op déi Buedemstatioun besser virbereeden? Well selbstverständlech ass de Satellit jo net durci, also e kann net engem elektromagnetesche Puls oder esou widerstoën. Mä déi Fro stellt sech jo och, iwwer einfach e Cyberugriff ka jo awer seng ganz Steuerung an esou weider eliminéiert ginn, soudatt mer natierlech als Stat elo och eng aner Dimensioun hunn oder eng zousätzlech Dimensioun an eiser Verdeedegungsnoutwendegkeet géint iwwer esou Attacken. Och dat musse mer bedenken, wa mer iwwert dat hei schwätzen.

Den Här Minister, oder de fréiere Minister Halsdorf - ech hunn nach déi gutt al Gewunnechten, gesitt Der, Här Halsdorf -, mä Dir hutt och op eng Rei Saachen opmierksam gemaach: d'Fiche financière, d'Zësen, déi musse bezuelt ginn, d'Assurance, wéi déi finanziéiert gëtt. Awer et sinn nach zousätzlech Froen, déi ee ka stellen, zum Beispill, ob elo dat Gesetz iwwert d'Programmation financière militaire geännert gëtt. Dat ass och eng Fro, déi an engem Avis gestallt gouf, an zu Recht. An och musse mer kucken, de kommerzielle Modell, dee mer begleeden an esou weider, dat ass och ganz kloer, datt mer dat musse maachen.

Dann zwou Bemerkungen nach: d'Sanktiounen. Et ass gesot ginn, an Dir hat dat an de Kommissiounen och gesot, wou mer déi Diskussioun haten iwwert d'Verantwortung vum Stat, datt mer net kënnen Staten, géint déi Sanktiounen bestinn, un esou Projeten iwwert de Satellit deelhuele loosse.

De Problem ass dobäi, datt déi Sanktiounen selwer u sech musse legal ofgeséichert sinn. Si si legal ofgeséichert am Prinzip dann, wann den UNO-Sécherheitsrot se hält. Ech weess, et gëtt vill aner international Organisatiounen, zemools a leschter Zäit, déi Sanktiounen huelen. Normalerweis, wann ee Sanktiounen hält, déi international net contestéiert sinn, dann ass dat iwwert den UNO-Sécherheitsrot.

Dat ass net ëmmer de Fall. Also musse mer eis och virbereeden op d'Diskussiounen mat verschiddene Staten, op wat mer dann eigentlech e Refus eventuell baséieren, wann esou Diskussiounen sinn. Ech mengen, et gëtt natierlech eng politesch Realitéit, datt mer Nee soen. Mä et gëtt och e politesch Präis, datt mer dann eventuell an Diskussiounen erageroden.

An dat Zweet ass, datt mer sollten - an et ass jo gutt, datt mer eis Aktivitéiten am Weltraum esou développéieren, ech mengen, mir hate jo och ESA an esou weider a leschter Zäit, wou Dir och selwer, Här Minister, bei verschiddene Reuniounen do matgehollt hutt, fir d'Ariane an esou weider -, mä ech mengen, et ass wierklech och un der Zäit, datt mer eng Kéier dru ginn an och d'Gesamtkonzept emol kucken, wéi eis Weltraumaktivitéiten kënnen agencéiert sinn an ob mer net musse légiféréieren, fir e ganz allgemenge Kontext do ze huelen an och vläicht do déi Basis, déi mer hunn, weider auszebauen.

Nach e leschte Kommentar zu deem, wat den Här Graas gesot huet. Den Här Graas huet sech virgestallt, et kéint eng europäesch Arméi ginn. Zemools an deem Kontext, dee mer elo haut hunn a wou mer gesinn, wéi d'europäesch Politik vu Verschiddene gestéiert gëtt - och op eiser Säit, net nëmmen op Moskauer gëtt et jo zimlech beängschtegend Signaler, mä et gëtt och beängschtegend Aussoe vu westleche Politiker -, ech mengen net, datt déi Zäit komm wär, fir an eng Richtung ze goe vun enger integréierter europäescher Arméi. Ganz am Géigendeel!

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet elo den Här Justin Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Wann d'NATO eis opfuert, fir statt 0,4% vum BIP 2% fir d'NATO auszeginn, dann ass dat schonn e Stéck vun där Diskussioun, déi mer och muer wäerte féieren an der Heure d'actualité iwwert d'NATO. A wann d'Regierung da virschléit, e puer Moosnamen ze huelen, fir op 0,6% ze kommen - dovunner ass dat heiten dann eng -, da stellt sech trotzdem och d'Fro, an dat ass déi éischt Fro, déi ech wëll stellen, wéi wäit

datt d'Regierung da wëllt goen an deem Engagement vun 2%. Well vun 0,6% op 2% ass nach e grouse Schratt. An ech ka mer net virstellen, datt eis gréng Kolleegen, och wa se zähneknirschend dee Schratt hei matmaachen, esou wäit bereet sinn ze goen, datt d'Lëtzebuerger Regierung 2%...

(Interruption)

Mir sinn net besuergt ëm déi gréng, mir si besuergt ëm déi Politik, déi sech dorausser ergëtt an déi Dir matmaacht.

Mä dat ass eng Fro, déi sech reell stellt, wéi wäit datt d'Regierung do wëllt goen.

Wa mer elo vun deem Projet hei schwätzen, wou dann eng Gesellschaft gegrennt gëtt, 50% : 50% SES a Stat, fir deen Hybridsatellit, wat et jo ass, dann do op Orbit ze schécken - dat heescht, et ass kee gehäerte Satellit, dat ass gesot ginn, deem awer trotzdem kann an den X- a Ka-Beräicher, -Frequenze senden; ech fanne dat esou schéin, datt dat dann „Mil-Ka“ heescht, wou ee mengt, et géif ëm Schockela goen, mä et geet guer net ëm Schockela, mä et geet ëm militäresch Satellitten a Frequenzen! -, esou steet dat an engem Kontext.

An dee Kontext, deem därerf mer net vergiesse, dat ass dee vun der Sécherheets- a Verdeedegungspolitik an Europa, esou wéi se am Lissabon-Vertrag festgeschriwwen ginn ass. Déi seet, datt d'EU sech engagéiert, fir am Fong geholl hir militäresch Rüstung auszebauen.

An deem Zesummenhang gëtt et och eng Kommunikatioun vun der EU vum Dezember 2013 iwwert d'Verdeedegungs- an d'Sécherheitspolitik, déi eng Rei Saache verlaangt. Déi Kommunikatioun, als Konsequenz vum Lissabon-Vertrag, verlaangt éischstens, d'Rüstungsindustrie als Weltpol auszebauen. Zweetens verlaangt se, d'Kooperatioun an der EU tëschent de Länner fir déi Rüstung auszebauen. An zwar eng Kooperatioun, wou d'Zivil- an d'Militärberäicher matenee vernetzt solle ginn. Drëttens verlaangt se, datt Synergie solle geschéien an der ziviler an an der militärescher Recherche. A véiertens seet se, datt d'Zil dovunner en duebelt ass: éischstens, fir d'Wirtschaft unzekuerbelen a b), fir déi europäesch Interessen an der ganzer Welt ze vertieden.

Dat ass den Hannergrond, op deem déi Déciounen hei geholl gëtt, an déi wërft eng ganz Rei Froen op.

Ech wëll direkt virausschécken, datt mir net géint d'Kompetenz vu Lëtzebuerg oder vun aneren an den Aktivitéiten vu Lëtzebuerg ënner anerem am Satellitteberäich sinn, souwuel wat eng industriell Aktivitéit ugeet, wéi wat d'Recherche ugeet. Trotzdem si mir op kee Fall d'accord mat där Politik, déi d'EU an och Lëtzebuerg hei wëlle goen, och wa mir déi Eenzeg an där Chamber hei sinn, déi dat soen.

Mir maachen eis nämlech berechtigt Suergen op enger ganzer Rei Punkten. Ech wëll der e puer opzielen: Éischte Punkt ass deem, d'Militarisierung vun der SES. D'Militarisierung vun der SES ass eng direkt Konsequenz vun deem, wat mer hei maachen. An och d'SES leeft domadder als Betrib, deem och am zivile Beräich aktiv ass, Gefor, fir ugegraff ze ginn duerch militäresch Operatiounen. Wann ech soe militäresch Operatiounen, sinn dat net onbedéngt direkt der mat Waffen, et kënnen och cybermësseger sinn, wou also och d'SES hei an d'Zil kennt vu militäreschen Operatiounen.

D'ONGen hunn ëmmer gewarnt virun där Vermischung vun zivile mat militäreschen Aktivitéiten. Hei geschitt se. Dat ass ongeféier esou, wéi wann an engem Krichsgebitt - an am Kosovo hate mer de Problem - fir d'Éischt Bombe mat de Fligern erofgehäit ginn, an duerno geheie mer dann Hëllefsgidder erof. An d'ONGen hu sech ëmmer ganz hefteg géint déi Vermischung do gewiert.

Zweetens maache mer eis Suergen iwwert déi Vernetzung vun ziviler a militärescher Recherche. An et gëtt ee Beispill, wou ee gutt gesäit, wéi dat ka funktionnéieren. Dat ass dee Galileo-Projet vun der Europäescher Kommission, deem d'EU mat 3,4 Milliarde subventionéiert huet an dee virun allem a leschter Instanz awer zu militäreschen Ziler genotzt gëtt an deem haut nach e Milliardegraf ass, well e 700 Milliounen Ënnerhalt all Joers kascht, déi d'Allgemengheet muss opbréngen.

Drëttens maache mer eis awer och Suergen iwwert deem Aspekt, deem hei e puermol beliicht ginn ass, well gesot gëtt, et gi guer keng Drone benotzt. Ech weess, datt dat ausféierlech diskutéiert ginn ass, och iwwer Avis juridiques.



An d'Konklusioun ass jo déi, datt engersäits op deene Frequenzen, déi hei virgesi sinn, keng Dronen de Moment kënnen gesteiert ginn an datt eng zivilrechtlech Ofsecherung do ass, datt Lëtzebuerg net responsabel ass fir dat, wat widderrechtlech do gemaach gëtt.

Trotzdem ass virgesinn an ass duerchweegs méiglech, datt iergendwann och iwwert déi Frequenzen do kënnen Drone gesteiert ginn, souwuel zivil Drone wéi och bewaffnet Dronen.

Elo steet am Text dran, datt d'Steuerung vun esou bewaffneten Dronen nëmme ka geschéien am Aklang mat internationalem Recht. Haut, an de President huet hei eng Käerz vun Amnesty stoen, haut den 10. Dezember ass den internationalen Dag vun de Mënscherechter, déi oft net respektéiert ginn - och an NATO-Länner wéi USA an Türkei. A wie garantéiert dann, datt am Krich an am Asaz vu bewaffneten Dronen dat internationaalt Recht agehale gëtt? Dat ass eng Illusioun, esou wéi et eng Illusioun ass, fir ze mengen, d'Geheimdëngschter wéi de CIA, déi géifen d'Mënscherechter respektéieren!

D'international Press huet ervirgestrach, datt d'Regierung vill beméit ass, och an Interviews, de Minister zu Paräis schrecklech beméit wier, fir GovSat als Kommunikatiounssatellit an net als Oprüstung duerstellen. Ech mengen, datt dat awer falsch ass, datt et hei ëm e militäresche Satellit geet.

Véiertens, dat ass hei schonn opgeworf ginn, huet d'Chambre de Commerce och ugemierkt, an dat ass jo ëmmer hei gesot ginn, et géif hei drëm goen, fir e Return on investment ze kréien. Ech mengen, e Return on investment géif hei net rechtfertegen, wat hei géif geschéien! Mä mindestens soll een emol esou éierlech sinn an deen dann och bezifferen. Dat ass net geschitt. Well ech mengen, datt dat och eng Illusioun ass.

Wat carrément hypokritesch ass, dat ass, wann an där europäescher Kommunikatioun drasteet, eent vun den Ziler vun der Ëmrüstung vun der Europäescher Rüstungsindustrie - an dat hei soll derzou bäidroen - wier d'Erofsatzung vum ökologesche Foussofdruck vun der Arméi, vun de bewaffneten europäesche Kräfte an dat wier gutt fir d'Ëmwelt.

Also, ech kann nëmme staunen! Mir kréien hei warscheinlech de grénge Krich virgegaukelt. Eng Krichsmaschinerie mat méi engem ökologesche Foussofdruck ass ee Witz. Krich a Rüstung sinn de Géigendeel vun Ëmweltschutz a Mënscherechter.

Als Konklusioun wëll ech ganz kloer soen, datt mir net d'accord kënnen si mat esou engem Mi-

litärspillgezei. Esou wéi mer net d'accord ware mat engem Militärfliager. Mir sinn net d'accord mat Militariséierung an Oprüstung. Mir sinn och net d'accord, datt op där enger Säit Spuermoosname geholl gi fir déi normalstierflech Leit, fir d'Stéit a fir déi Leit, déi schaffe ginn an hir Steiere bezuelen, während op där anerer Säit hei ëmmer méi Sue sollen ausgi gi fir Rüstung a Krich. A virun allem ass dat eng Industrie, déi de Mënschen näischt notze wäert!

Ech wëll schlësse mat engem Zitat vum Napoléon sengem Ausseminister, dem Talleyrand, dee sot: „Mat Bajonette kann een alles maachen, souguer en Troun bauen, ausser drop setzen.“ Woumat e wollt soen: Wann ee Waffe produzéiert, da gi se fréier oder spéider och gebraucht an da gi se agesat!

Mir sinn net d'accord mat Oprüstung a Waffeproduktioun. Déi féieren zum Krich. Net mat eis!

Merci.

### (Interruptions diverses)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm an d'Wuert huet den Här Minister, zoustänneg fir d'Arméi a fir villes aneschtens.

### Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Défense*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréisch wëll ech dem Rapporteur, dem Här Angel, fir deen exzellente Rapport Merci soen, deen eigentlech alles gesot huet. Deem ass net vill...

### (Interruption par M. Gibéryen)

### (Hilarité générale)

Dir sidd presséiert fir an de Weltraum, Här Gibéryen!

...Merci soen, well villes gesot ginn ass. Ech wëll just op e puer Saachen zrëckkommen.

Déi eng Saach ass déi, dass mer wierklech hei als Regierung e Paradigmewiessel gemaach hunn - an dat ass vun enger Rei Leit ugeschwat ginn -, wat eis Militärdépenses ugeet, well mer soen: Wa mer scho müssen all déi Suen ausginn, well mer Obligatiounen hu vun der NATO aus, fir déi Suen auszeginn, mä da kommt, mir gi se aus zu Lëtzebuerg a kommt, mir gi se wa méiglech aus an zivilen Investitiounen.

An ech mengen, dat ass awer genoe dat, wat mer an alle Fäll maachen. Wa mer den Härebierg komplett nei maachen, da sinn dat ganz vill Suen, déi mer dem Handwierk zu Lëtzebuerg zeguttkomme loosse, fir dee kompletten Härebierg nei ze maachen.

Wa mer um Findel nei Piste maache respektiv zum Deel aner Saachen erneieren, da sinn dat Suen, déi de Lëtzebuurger Entrepreneuren zeguttkommen, déi awer och der ziviler Loftfahrt zeguttkommen.

Wa mer en Data-Center bauen iwwer Lëtzebuurger Entrepreneuren an dat der NSPA, also der NATO, indirekt zur Verfügung stellen, da sinn dat Ausgaben, déi mer integral a Lëtzebuurger Firmae maachen, déi en plus en direkte Retour erëm iwwert d'Dividende vun deene Firmae bei eis hunn, well mir Aktionär vun där Firma sinn, fir net ze soen, Propriétaire vun där Firma sinn.

Wa mer de GovSat maachen, ass dat deen éischte Projet, Dir Dammen an Dir Hären, deen éischte Projet an der Geschicht vun dem Lëtzebuurger Militär, wou mer net nëmme e Retour économique hunn op Lëtzebuurger Entrepreneuren, an deem heite Fall SES Astra plus aner Entrepreneuren aus dem Weltraumsektor, mä och nach en zweete Retour hunn iwwert d'Dividenden, déi iwwert déi Sociétéit erakommen!

An, Här Turpel, ech hunn an der Kommissioun gesot, wat mer eis erwaarde vu Retour iwwer Dividenden, dat si plus minus 12%. Dat heescht, déi Suen, déi mir investéieren, ginn och nach rémunéréiert mat 12%! Mir hunn ausgehandelt! Fir lech dat dann och hei an aller Transparenz ze soen: well eng SES Astra d'Statuten esou huet missen hikréien, dass se déi Entreprise ka konsolidéieren. Woumat mir kee Problem hunn, well mir hunn dat kloer geregelt, d'Detailer kloer geregelt. Mir hu 50:50 an där Gesellschaft. Mä mir hunn awer gesot: „Majo, dofir hätte mir gär nach eng supplementär Dividend, fir lech déi Optioun ze ginn.“ Dat sinn 20 Milliounen Euro, déi mir als Lëtzebuurger Stat kréien, dat bei engem Invest vu 50 Milliounen Euro! An, ech mengen, wa mer eppes gutt verhandelt hunn, dann ass et deen heite Projet.

An ech wëll soen - den Här Kartheiser hat dat ugeschwat, dass een eng Kéier vläicht soll eng Diskussioun féieren iwwer eis Weltraumaktivitéiten -, ech si ganz där Meenung, well ech hunn nach eng ganz Rei Iddien am Kapp, déi dann net onbedéngt militäresch sinn, mä awer mam Weltraum ze dinn hunn. Als Lëtzebuerg occupéiere mir de Moment am Espace méi Espace wéi op der Welt. An ech kann lech viraussoen, dass dat och esou wäert weidergoen.

Den honorabele Rapporteur, den Här Angel, huet drop higewisen, dass et an deene ganzen Diskussiounen natierlech och eng Fro vu Responsabilitéit war oder ass, wann eng Kéier eppes mat deem Satellit geschitt, wann eng Kéier ee vun eise Clientë géif dee Satellit fir Saache benotzen, fir déi mir net wëllen, dass e

benotzt gëtt. Dofir hu mir eng Rei Avis-juridiquen erageholl.

Mir hunn awer dofir och ganz kloer Konditiounen, mat wéi enge Länner mer iwwerhaupt kënnen Geschäfte maachen. Dat si just d'Partnerlänner, mat deenen dat därerf sinn, Partnerlänner zum Beispill an der NATO, zum Beispill an der EU, zum Beispill an der UNO. All déi Länner, déi iergendwelchen internationale Sanktiounen ënnerleien, kommen als Partnerlänner net a Fro!

An fir all déi, déi dertëscht leien, dat heescht, déi net an enger vun eisen internationalen Associatiounen sinn, wéi zum Beispill NATO oder EU, mä awer och keng Sanktiounen géint sech hunn - ech soen elo emol Australien zum Beispill -, mä do gëtt et e Board, dee wäert analyséieren, ob déi Länner kënnen a Fro kommen, an da mécht deen eng Suggestioun un de Régulateur. An de Régulateur seet dann, jo, mat deem kënnt der e Kontrakt schlëssen, oder net.

Also, mir hunn eis hei e Maximum vu Sécherheet ginn. Natierlech huet een ni 100% Sécherheet. Mä mir wäerten awer alles drusetzen, fir dass mer hei keng Problemer kënnen kréien.


Den Här Halsdorf huet monéiert, dass d'Chambre de Commerce sech Froe stellt, ob dee Businessplang kann opgoen. Ech soen lech, Här Halsdorf, ech mengen, dass d'Chambre de Commerce guer net à même ass - an ech mengen dat net negativ -, mä guer net à même ass, dat dote Geschäft ze iwwerblécken, well dat heiten - an Dir wësst et als laangjährege Verteidigungsminister -, wat wou vu Capacitéte gebraucht gëtt an dem militäresche Beräich, dat fënnt een net op der Place publique. Dat fënnt een net, andeem ee googelt. Dat si meeschtens Donnéeën, déi restreint gehandelt ginn, déi a Kadere wéi der NATO diskutéiert ginn. Dofir kënnen si dee Besoin guer net kennen, deen et gëtt.

Ech kann lech just soen, dass an allen Diskussiounen - an ech mengen, Dir hat déi och an Ärer Zäit als Verteidigungsminister -, dass an allen Diskussiounen um NATO-Niveau, awer och direkt mat eise Partnerlänner an der NATO ee Constat gemaach gëtt: dass mer an deenen nächste Joren enorm Besoinen hu fir Kommunikatioun, fir Kommunikatiounssatelliten. Et gëtt Appellen, fir dass mer méi sollen doran investéieren. A mir zu Lëtzebuerg, doduerch, dass mir dat haut hei maachen, wann Der deem dann zoustëmmt, si mir ee vun de Virreider!

An Dir hutt dat ganz richtig gesinn, Här Halsdorf: Mir maachen eis en enorm positiven Numm an der NATO, vis-à-vis vun eisen NATO-Partner, wa mir hei d'Devanten huelen, wa mir

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.



CHAMBRE  
DES DÉPUTÉS

**www.chd.lu**





dat heiten ugin, ier anerer emol ufänken, e Projet auszeschaffen.

Dofir wëll ech op där heiter Plaz och deem ganzen Team vu mengem Ministère, awer och vun deenen anere Ministère, déi mat dru geschafft hunn, vun hei wierklech e ganz grouse Merci soen, fir deen dote Projet an deene puer Méint esou op d'Been ze stellen, mat allen Avisen, mat alle Sécherheeten, déi mer eis kënne ginn, mat Businessplang et cetera. Dat verdéngt Respekt. An ech wëll wierklech den Engagement vu menge Mataarbechter doran ënnersträichen an hinne vun hei aus e grouse Merci dofir soen!

Et ass jo esou, dass mir 100 Milliounen Euro Capacitéite kafen iwwer zéng bis zwielef Joer. Ech hat lech gesot, do musse mer e bësse Flexibilitéit loossen. Dat kann emol ee Joer méi, ee Joer manner sinn. Mä dat sinn awer net, wéi iertümlecherweis - ech weess net méi, vu wem - gesot gi war, 25% vun de Capacitéiten, mä 10% vun de Capacitéiten.

(Interruption)

Jo, et hat awer ee 25% gesot. Op alle Fall sinn dat 10% vun de Capacitéiten. Wann een dat also rechent, dat heescht, mir hu Capacitéite fir 1 Milliard Euro d'Joer! Wann Der dat bedenkt, bei deem Invest, deen hei gemaach gëtt, dann, mengen ech, ass et kloer, dass de Rendement misst gi sinn.

Da kouw d'Fro vum Här Kartheiser och, an och vun lech, Här Halsdorf, wéi et dann elo geet, fir de Satellit op Orbit ze stellen. Do hate mer gesot, mir géife kucken, fir dann een Astra 2G eropzeschëssen, dee misst awer an enger gewëssener Zäitspann douewe sinn. Mir hunn awer vun Ufank u geduecht, dass dat e bësse riskant wär, wann ee kee Plang B huet.

Mir gesinn haut, dass et gutt ass, dass mer e Plang B hunn. Dee Plang B, dee soll dës Woch nach ënnerschriwwen ginn, de Freideg, wann mech net alles iert. A mir wäerte wuel op de Plang B goen, nämlech, andeem mer mat Italien zesummen en Accord hunn, dass si e Satellit, dee si an Orbit hunn, réckelen. De Sicral-Satellit, dee réckele si op déi Plaz, déi mir brauchen. An dann ass eis Plaz reservéiert an da si mer net méi op deen anere Satellit ugewisen. Dat soll de Freideg alles, neelt mech net op den Dag fest, mä ech mengen, et ass de Freideg, do soll dat alles ënnerschriwwen ginn.

Bon, ech mengen, déi Diskussioun iwwert déi arméiert Dronen - et ass fir eis ganz kloer: wann eng Kéier... De Moment ass et technesch net méiglech, dass eng bewaffnet Dron iwwert deen do Satellit flitt. Et kann awer an Zukunft technesch méiglech sinn, well technesch ass iergendwann ëmmer alles méiglech. An et ass och fir mech evident, dass dat eng Kéier méiglech ass. Mä et ass awer gradesou evident fir mech, dass, wann dat eng Kéier sollt de Fall sinn, da kann et just am Aklang mam internationale Recht sinn! Da kann et och just sinn, dass Lëtzebuerg un deenen Décisiounen, wat dat internationaalt Recht ugeet, och participéiert.

Den Här Kartheiser huet och geschwat vun der Responsabilitéit vun den aktuelle Satellitten, och kommerzielle Satellitten, déi eng SES Astra huet. Et ass kloer, am Endeffekt ass bei all Satellit ëmmer de Stat responsabel. Wann egal wéi ee Satellit engem op de Kapp fällt, da kommen natierlech honnert Méiglecheete vun Assurancen et cetera an d'Spill, mä am Endeffekt, a leschter Instanz ass ëmmer de Stat responsabel. Fir de Rescht muss awer och Astra sech un den Droit commun halen, un d'internationaalt Recht halen, wat se mat hire Satellitte mécht.

Dat Wäissbuch, wat Der ugeschwat hutt, dat ass eppes, wou ech muss soen, dass ech mat där aktueller Fassung, wéi ech se iwwerholl hunn, net ganz d'accord sinn, dass ech do nach dru schaffen, dass mer do gären och nach eng Kéier kënnen driwwer diskutieren.

D'Weltraumaktivitéiten, dovun hunn ech geschwat.

An dann den Här Turpel nach. Dir musst lech keng Suerge maachen! Dir hutt gefrot: „Mir ginn elo vun 0,4% Défensebudget op 0,6%, wat kënnt duerno? Ech soen lech: Näischt! Zumindest net an dëser Regierung, an dëser Legislaturperiod, fir et vläicht... Déi Regierung ka jo méi laang si wéi déi heite Legislaturperiod. Ech weess, dass dat hei op der rietser Säit net onbedéngt de Wonsch ass. Mä op alle Fall ass et esou,...

(Interruption)

Op alle Fall ass et esou, dass mer deen Effort de défense vun 0,4 op 0,6 bereet sinn ze maachen. An dat net nëmme bis 2018, mä bis 2020. Dat ass dat, wat mer eigentlech gesot hunn, fir dat e bëssen ze strecken, well et natierlech net einfach ass, de Leit dobaussen ze erklären, wou een op där enger Säit spuert an op där anerer Säit d'Militärausgabe muss an d'Luucht setzen.

Mä, wann ech lech soen, dass mer an engem NATO-Bündnis sinn, wou mer als dat räichste Land an der NATO dat allermannste Geld opbréngen, fir fir eis Sécherheet ze suergen - mir iwwerloossen all eise Partner et, derfir ze suergen, dass mer an Europa sécher sinn, a mir huelen eis Responsabilitéit leider selwer net -, da muss ee soen, dat geet och net!

Just fir lech ze soen: Lëtzebuerg huet 2,5-mol de PIB vun dem Duerchschnitt vun den NATO-Länner an ass mat 0,4% dee klengste Contributeur! 0,4% vu sengem PIB. Also hu mer eis wierklech an der Obligatioun gefillt, fir hei eppes ze maachen.

Mä wann ech dat awer kucken, dass mer déi Suen, déi mer do ausginn, mat deene mer vir-drun e Fliger kaaft hunn, wou d'Sue fort sinn, wa se da bis all bezuelt sinn, mä wou d'Suen net eiser Economie zeguttkommen, esou maache mer dach all déi Projeten, déi mer hei maachen, am Intérêt vun der Lëtzeburger Economie...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Défense.**- ...an am Intérêt vum Mëttelstand hei zu Lëtzebuerg, am Intérêt vum Ausbau vun de Weltraumaktivitéite vun eise ronn 20 Entreprises, déi doranner täteg sinn. An dofir, mengen ech, ass dat doten awer eppes, dat ass net ëmmer einfach de Leit ze erklären, mä et ass awer eppes, wat sech erkläre léisst.

Voilà. Domat, mengen ech, hätt ech alles gesot.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Hilarité)

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Défense.**- Da géif ech lech villmools Merci soe fir Är Bäitrag a wär dann natierlech och dankbar, wann d'Chamber dee Projet géif stëmmen.

Merci villmools.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Minister. Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6739 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6739 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratioun.

(Interruption)

Jo, mir maachen d'Korrektur, wa se noutwendeg ass. De Vote ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 6739 ass mat 57 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6739 est adopté par 58 voix pour et 2 voix contre.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Aly Kaes), M. Paul-Henri Meyers (par Mme Diane Adehm), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Félix Eischen), Gilles Roth, Marco Schank (par M. Claude Wiseler), Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Roger Negri), M. Yves Cruchten (par M. Marc Angel), Mme Claudia Dall'Agnol (par Mme Cécile Hemmen), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Taina Bofferding), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Lex Delles), Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. Alexander Krieps), Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.* Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Rendez-vous muer fir en ähnlech chargéierte Programm um zwou Auer. Merci a kommt gutt heem!

**(Fin de la séance publique à 20.22 heures)**

Sommaire des séances publiques n<sup>os</sup> 11, 12 et 13

11<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique p. 154

Communications p. 154

Ordre du jour p. 154

Heure de questions au Gouvernement

- Question n°74 du 1<sup>er</sup> décembre 2014 de M. André Bauler relative aux poussières fines, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement p. 154

- Question n°75 du 2 décembre 2014 de Mme Martine Hansen relative à la période de stage des instituteurs pour l'enseignement fondamental, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

et

- Question n°76 du 2 décembre 2014 de M. Claude Adam relative à l'organisation du stage des nouveaux enseignants suite à la réforme de la fonction publique, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse p. 154-155

- Question n°77 du 1<sup>er</sup> décembre 2014 de M. Edy Mertens relative à l'organisation du service obstétrique à partir du 1<sup>er</sup> janvier 2015 dans les maternités du CHDN et CHEM au vu de la dénonciation de la convention afférente de la part des pédiatres, adressée à Mme la Ministre de la Santé p. 155-156

- Question n°78 du 2 décembre 2014 de M. Fernand Kartheiser relative à l'avenir de l'Institut d'Études Européennes et Internationales du Luxembourg, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État p. 156

- Question n°79 du 2 décembre 2014 de M. Henri Kox relative au programme de travail de la Commission européenne, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement p. 156

- Question n°80 du 2 décembre 2014 de M. Marc Spautz relative à la suppression des chèques service durant la durée du congé parental, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration p. 156

6683 - Projet de loi portant modification:

1) du Code pénal et  
2) de la loi du 15 novembre 1978 relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et à la réglementation de l'interruption volontaire de grossesse p. 157-163

6692 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2013 p. 163-164

12<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique p. 164

Communications p. 164

6754 - Proposition de loi modifiant l'article 126 de la loi électorale du 18 février 2003 p. 164

Ordre du jour p. 164

Question urgente n°780 de M. Roy Reding relative aux médicaments falsifiés ou contrefaits p. 164-165

6734 - Projet de loi relatif à la réalisation du Pôle d'échange multimodal de la Gare d'Ettelbruck et à la modification de la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire p. 165-170

6566 - Projet de loi facilitant l'échange transfrontalier d'informations concernant les infractions en matière de sécurité routière p. 170-172

Interpellation de M. Aly Kaes sur la N7/E421 sur la section Fridhaff-Schmëtt p. 172-179

13<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique p. 179

Débat de consultation sur la croissance économique et la compétitivité du Luxembourg p. 179-195

6739 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à acquérir, lancer et exploiter un satellite destiné aux communications gouvernementales et militaires, ainsi qu'à acquérir des capacités satellitaires permettant au Gouvernement de satisfaire ses besoins et ses obligations en matière de défense p. 195-201